

Mam virleienden Text gëtt de sou genannten Traité de l'Espace gutt-geheesch. Den offiziellen Terminus ass «Traité sur les principes régissant les activités des États en matière d'exploration et d'utilisation de l'espace extra-atmosphérique, y compris la Lune et les autres corps célestes». Wat och ëmmer dat heescht.

(Interruptions)

M. Robert Mehlen (ADR).- Sinn se eenzel all opgezielt?

M. Patrick Santer (CSV), rapporteur.- Si sinn net all opgezielt. Si sinn och net am schrëftleche Bericht opgezielt. Mä, Här Mehlen, Dir kënnt dat roueg eng Kéier nohuelen.

Dësen Traité definéiert d'Regelen, déi ee brauch fir e friddlecht Matenaner tëschent de Staten am Beräich vun der Exploitation vum Weltraum ze garantéieren.

Dësen Text ass den 19. Dezember 1967, also am Kale Krich, vun der UNO-Vollversammlung ugeholl ginn an ass och eng logesch Suite vun enger anerer Deklaratioun vun der UNO-Vollversammlung aus dem Joer 1963 iwwert déi Prinzipiën vun de staatlechen Aktivitéite bei der Exploratioun vum Weltraum. Déi zwee Texter, also deen Traité an dës Deklaratioun, hunn d'Jalonë geluecht fir déi friddlech Notzung vun deem sou genannten Espace extra-atmosphérique, well se niewent aneren...

(Coups de cloche de la Présidence)

...internationale Konventiounen kloer duergeluecht hunn, datt et net ka sinn, datt de Weltraum u sech e rechtsfräie Raum ass, wou alles méiglech ass.

Et bedierf klorer Regele bei senger Exploratioun, bei senger Exploitation, déi virun allem déi international Zesummenaarbecht an déi friddlech Notzung an de Vierdergrond stellen. Beispiller heivunner sinn ënner anerem den Austausch vun Informatiounen, d'Definitioune vu generellen Normen fir d'Sécherheet ze assuréieren oder d'Not-

zung vun der Nuklearenergie am Weltraum.

Niewent dësem Traité de l'Espace gëtt et aner Traitéen, déi e ganz generelle juristesche Kader an dëser Matière stellen. Fir d'éischt gëtt et en Accord iwwert d'Rettung vun den Astronoten vum 1967, och den 19. Dezember 1967. Lëtzebuerg huet deen Text ënnerschriwwen, mä nach net ratifizéiert. Een Deel dovunner gëtt och an dësem Text scho geregelt.

En zweeten Text ass d'Konventioun iwwer eng international Responsabilitéit bei engem Schued, duerch e Satellit zum Beispill. Et ass eng Konventioun vum 29. November 1971. Déi hu mer duerch e Gesetz vum 9. Juni 1983 approvouéiert.

En drëtt Instrument ass eng Konventioun vum 1974 iwwert d'Immatrikulatioun vu Satelliten an aneren Objeten, déi esou am Weltraum ronderëm fléien.

Ee véiert Instrument - och nach net vu Lëtzebuerg ënnerschriwwen - ass een Accord iwwert d'Aktivitéite vu Staten um Mound an aneren Himmelskierperen vum 1979. Do gesäit een awer, datt scho verschidden...

Une voix.- Mir kéinten och e Referendum maachen.

M. Patrick Santer (CSV), rapporteur.- Mir kéinten och ee Referendum doriwwer maachen, an déi Leit, déi mat Nee gestëmmt hunn, kéinten och op de Mound fléien, fir ze kucken, wéi et do ausgesäit.

(Hilarité et interruptions diverses)

A sengem Avis vum 7. Dezember 2004 huet sech de Statsrot hannert dës Zilsetzung gestallt an dëse Projet guttgeheesch. En huet awer gläichzäiteg gemengt, datt déi aner Texter, déi Lëtzebuerg ënnerschriwwen...

(Brouhaha général et coups de cloche de la Présidence)

De Statsrot huet awer gemengt, datt Lëtzebuerg misst déi aner Konventiounen, déi Lëtzebuerg

ënnerschriwwen huet an déi awer nach net ratifizéiert sinn, esou séier wéi méiglech ratifizéieren, fir d'Kohärenz vun deem ganze juristesche Kader hierzestellen.

Am schrëftleche Rapport schlussendlech wäert Dir och dann déi Basisregelen erëmfannen, well och eng Diskussioun an der Kommissioun doriwwer war, wéi et mat der Responsabilitéit vum Stat ass, wann ee Satellit eroffält; wou d'Responsabilitéit vum Lëtzebuerger Stat ass, wann een zu Lëtzebuerg immatrikuléierte Satellit vun der SES an engem anere Land géif eroffalen, wéi de Schued do ass, wéi d'Regele sech hale mam Konventionsvertrag.

Et wier e bësse laang, fir dat hei opzelëschen an ze explizéieren. Dir kënnt dat an deenen zwee Abschnitter, déi ech dozou consacréiert hunn am schrëftleche Bericht, noliessen. Dann ass dat alles fir de schrëftlechen an de mëndleche Bericht.

Wat d'Fraktioun ugeet, sou wäert d'CSV-Fraktioun mat grousser Begeschterung dësem Text d'Zoustëmmung ginn.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci, Här Santer. Éischte Riedner ass den honorabelen Här Grethen.

Discussion générale

M. Henri Grethen (DP).- Här President, am Numm vu menger Fraktioun däerf ech dem Rapporteur félicitéiere fir säin ausféierleche mëndlechen a schrëftleche Rapport. Ech däerf der Chamber soen, dass mäi Kolleeg Charles Goerens déif impressionnéiert ass iwwert déi detailléiert Fachkenntnisser, déi de Rapporteur hei exposéiert huet. Dee Projet ass jo wichteg fir d'Mënschheet. Dofir wäert et lech net wonneren, Här President, wa meng Fraktioun deem Projet hir Zoustëmmung gëtt.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci, Här Grethen. Den Här Diederich huet d'Wuert.

M. Fernand Diederich (LSAP).- No den ausféierlechen Erklärungen vum Rapporteur...

(Hilarité)

...wëll ech och dann den Accord vun eiser Fraktioun bréngen.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- An als leschte Riedner huet den honorabelen Här Félix Braz d'Wuert.

M. Félix Braz (DÉI GRÉNG).- Ech wëll och just kuerz dem Här Santer Merci soe fir säi Bericht. Mir brénge selbstverständlech och eis Zoustëmmung zu dësem Text.

M. le Président.- Fir d'Regierung huet den Här Jean-Louis Schiltz d'Wuert.

M. Jean-Louis Schiltz, Ministre délégué aux Communications.- Här President, fir d'éischt Merci dem Rapporteur fir säin ausféierleche Rapport iwwert déi wichteg Froen, déi och juristesche heiansdo komplizéiert sinn. De Rapporteur ass am Detail op den Text agaang.

Lëtzebuerg benotzt den Espace extra-atmosphérique, well et ass dat, wouvunner mer hei schwätzen. Doduerjer datt d'SES, wéi de Rapporteur richtig gesot huet, déi haut e Pilier vun eiser Economie ass, eng Satellitflott exploitéiert, bréngt déi Exploitation eng Verantwortung mat sech. Mir ginn där Verantwortung hei haut de Kader. Et ass eng guut Saach, datt mir do Regeln hunn, an ech géif d'Chamber also bieden de Projet ze stëmmen.

M. le Président.- Domadder ass d'Debatt ofgeschloss. Mir kéimen dann zum Vote vum Projet de loi.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi ass mat 59 Jo-Stëmme bei kenger Nee-Stëmm an ouni Abstentioun ugeholl.

Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen (par M. Patrick Santer), MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf (par Mme Françoise Hetto-Gaasch), Marco Schank (par M. Marcel Oberweis), Marc Spautz, Mmes Nelly Stein, Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen (par M. Lucien Thiel), Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch (par M. Romain Schneider), MM. Roger Negri (par M. John Castegnaro), Jos Scheuer, Romain Schneider et Roland Schreiner;

MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes, Mme Colette Flesch (par M. Charles Goerens), MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helming (par M. Henri Grethen), Claude Meisch et Carlo Wagner (par M. Emile Calmes);

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepf et Robert Mehlen.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou décidéiert.

Domadder si mer um Enn vun eiser Sitzung ukomm. Déi nächst Sitzung ass mar de Mëtten um hallwer dräi.

D'Sitzung ass opgehuewen.

(Fin de la séance publique à 18.36 heures)

Présidence: M. Lucien Weiler, Président
M. Jos Scheuer, Vice-Président
M. Niki Bettendorf, Vice-Président
M. Laurent Mosar, Vice-Président

Ordre du jour

- 4766 - Projet de loi concernant le sport et portant
 - modification de la loi modifiée du 7 juin 1937 ayant pour objet la réforme de la loi du 31 octobre 1919 portant règlement légal du louage de service des employés privés;
 - modification du code des assurances sociales;
 - dérogation aux articles 5 et 9 de la loi modifiée du 24 mai 1989 sur le contrat de travail

(Rapport de la Commission de l'Économie, de l'Énergie, des Postes et des Sports - Discussion générale - Vote et dispense du second vote constitutionnel - Motions)

- 4513 - Projet de loi portant approbation de la Convention sur l'accès à l'information, la participation du public au processus décisionnel et l'accès à la justice en matière d'environnement, faite à Aarhus (Danemark), le 25 juin 1998

(Rapport de la Commission de l'Environnement - Discussion générale - Vote et dispense du second vote constitutionnel)

- 5338 - Projet de loi portant création d'un Lycée technique pour professions éducatives et sociales

(Rapport de la Commission de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle - Discussion générale)

- 5408 - Projet de loi portant modification de l'article 12 de la loi du 28 avril 1998 portant
 - harmonisation de l'enseignement musical dans le secteur communal;

- modification de l'article 5 de la loi du 24 mai 1989 sur le contrat de travail;
- modification de la loi modifiée du 22 juin 1963 fixant le régime des traitements des fonctionnaires de l'État

(Rapport de la Commission de l'Enseignement supérieur, de la Recherche et de la Culture - Discussion)

Au banc du Gouvernement se trouvent: Mme Mady Delvaux-Stehres, MM. Jeannot Krecké et Lucien Lux, Ministres; Mme Octavie Modert, Secrétaire d'État.

(Début de la séance publique à 14.30 heures)

M. le Président.- D'Sitzung ass op.

Huet den Här Krecké am Numm vun der Regierung eng Kommunikatioun ze maachen?

M. Jeannot Krecké, Ministre des Sports.- Nach net, mä wann et Äre Wunsch ass, ech hu vill Saachen um Häerz.

M. le Président.- Mir wäerten lech opmierksam dee ganze Mëtten nolauschten, Här Minister.

Mir kommen direkt zur Diskussioun vun dem éischte Projet de loi, dee mer haut de Mëtten um Ordre du jour hunn, an dat ass de Projet 4766 iwwert de Sport. Et si bis elo ageschriwwen: d'Madame Hetto, d'Madame Flesch, den Här Kox, den Här Jaerling an den Här Hauptert. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Alex Bodry. Här Bodry, d'Tribün ass fir lech.

1. 4766 - Projet de loi concernant le sport et portant

a) modification de la loi modifiée du 7 juin 1937

ayant pour objet la réforme de la loi du 31 octobre 1919 portant règlement légal du louage de service des employés privés;

b) modification du code des assurances sociales;

c) dérogation aux articles 5 et 9 de la loi modifiée du 24 mai 1989 sur le contrat de travail

Rapport de la Commission de l'Économie, de l'Énergie, des Postes et des Sports

M. Alex Bodry (LSAP), rapporteur.- Här President, Dir Damen an Dir Hären, mat dëser Diskussioun a mat dësem Vote haut den Nomëtteg gëtt Lëtzebuerg sech en neit Sportgesetz. Dat bestehend Gesetz wat de Sport regelt dréit den Datum vum 26. Mäerz 1976.

No also bal 30 Joer ass sécherlech eng allgemeng Revisioun vun der Législatioun iwwert de Sport ubruecht. Well de Sport sech verännert huet an deene leschten 30 Joer, d'Ufuerderungen, d'Mis-

sione vum Sport an och d'Ausübung vum Sport an och d'Problemer, mat deenen de Sport sech ausenaner ze setzen huet, net méi déiselwecht si wéi an de 70er Joren.

An och wann d'Grondkonzeptioun vun 1976 net komplett falsch ass, och haut nach net, muss awer Folgendes festgestallt ginn:

1. De Vocabulaire an dat allgemengt Ausriichte vun deem Text sinn deelweis net méi zäitgeméis.

2. Eenzel Dispositiounen vun deem Gesetz vu '76 sinn ni ugewannt ginn, a knapp 30 Joer Applikatioun.

3. Verschidde méi rezent Aspekter vum heitege Sportswiese ginn an deem 76^{er} Text net ugeschnidden.

D'Fortschrëtter, an et sinn der eng ganz Partie ginn, an der Förderung vum Sport, an den 80^{er} a besonnesch an den 90^{er} Joren, wéi zum Beispill d'Hëllef fir d'Federationen an administrativen, am technesche Beräich, d'Schafe vun der ENEPS, d'Centres de formation, d'Sportsmodeller, eenzel Hëllef fir Spëtzesportler an esou weider.

Dat sinn am Fong eng ganz Rëtsch Initiativen, déi mer haut scho bal als selbstverständlech ugesinn, déi net duerch d'Sportsgesetz vu '76 komm sinn, mä déi eigentlech, mat Ausnahm vum Congé sportif, niewent deem Gesetzestext vu '76 entstane sinn.

Si sinn entstanen duerch de politesche Wëlle vun deene sukzessive Responsabelen, duerch Initiativen, déi de Comité olympique, respektiv d'Federationen geholl hunn, an déi schlussendlech zu deene politeschen, administrativen Décisiounen gefouert hunn, déi da gréisstendeels iwwert déi jeeweileg Budgetsgesetzer hir Assise fonnt hunn an déi néideg Kreditter fonnt hunn, fir kënnen ëmgesat ze ginn.

Déi eenzeg Ausnahm, wou légifé-riert ginn ass, ass eigentlech d'Arméigesetz vun 1997 gewiescht, wou iwwert dat Gesetz d'Schafung vun enger Sportssektioun fir Elitesportler an d'Liewe geruff ginn ass. Eng Dispositioun, déi mer jo och an deem heiten neie Sportsgesetz wëlle mat iwwerhuelen.

Dësem Gesetzesprojet kann een eigentlech dräi Ambitiounen zouschreiwen. D'Ambitioun eng Grondlag duerstellen, e Kader ze bidde fir d'Promotioun a fir d'Ausübung vum Sport hei zu Lëtzebuerg. D'Ambitioun déi bestehend positiv Modeller an Experienze vu Sportsförderung ofzesécheren an definitiv ze verankeren. A schlussendlech d'Ambitioun och, duerch eng Rei vun Neierungen, en nach méi positiivt Ëmfeld fir d'Ausübung vum Sport am Allgemengen a fir de Leeschtungssport am Speziellen ze schafen.

Wann een elo deen Text hei analyséiert, da mengen ech soen ze kënnen, dass am grouse Ganzen deen Text hei där dräifacher Ambitioun eigentlech Rechnung dréit, zum gréissten Deel zumindest. Sécherlech hunn net all Fuerderung vun der Sportswelt oder vun deenen engen oder anere Kreiser, déi sech am Laf vun der laanger Gestatioun vun deem heiten Text zu Wuert gemellt hunn, kënnen berücksichtegt ginn.

Besonnesch den COSL hat och am Laf vun deene leschte Joren déi eng oder aner stramm kritesch Bemierkung ervirbruecht. Ech stellen awer fest, dass och hien haut um Standpunkt steet an et war eigentlech jo och de Standpunkt vun der zoustänneger Kommissioun vun dëser Chamber, dass elo de Moment komm wier fir de Projet zouschnüeren, en ze stëmmen an dann och natierlech Suerg ze hunn, dass déi Bestëmmungen, déi dra sinn, an déi Neierungen, déi e beinhalt, an déi nei Pisten, déi en opweist, dann och kënnen kon-

kret an deenen nächste Joren ëmgesat ginn. An dozou, natierlech, brauch een de politesche Wëllen an déi néideg Kreditter, fir dat ze maachen.

Mat dësem Projet geet et e bëssen esou wéi mam EU-Verfassungsvertrag, wann ech eng leschte Kéier dee Verglach därëf beméien. Eigentlech schreift e munches fest, wat elo scho besteet, an an eenzelne Punkte bréngt en e Plus vun deem wat mer haut hunn.

Ech hunn awer keen Domän fonnt, wou deen Text hei géif eng Regressioun duerstelle par rapport zum Gesetzestext vun 1976.

Well grad wéi dat Gesetz vun 1976 ass deen heiten Text och a gewëssen Aspekter éischter e politeschen, éischter ee programmateschen Text, an nëmmen deelweis e juristesche wierklech verbindlechen, e reng normativen Text.

D'Philosophie also an och den Opbau entsprechen duerfir a groussen Zich deem, wat mer haut am Sportsgesetz vun 1976 stoen hunn. Mat allerdéngs, grad wat dat Normatiivt ugeet, dräi wesentlechen Ännerungen, déi eigentlech den normative Charakter verstärke vun deem heiten Text par rapport zu deem, wat mer haut vu Gesetzestext hunn.

An zwar och op dräi Punkten.

Éischters emol d'Aféierung vun enger neier Strofbestëmmung, d'Aféierung vun engem Delikt vum Doping an d'Lëtzebuerger Recht. Dat ass eng fundamental Neierung. Do si mer am normative Beräich voll dran.

Zweetens och Ofännerunge vum Code des Assurances sociales, fir, wat d'Sozialofsécherung vun de Spëtzesportler haaptsächlech ugeet, kënnen eng Rei vun Erlichterungen ze bréngen. Och dat ass normativ.

An déi drëtt wesentlech normativ Ännerung an deem heiten Text par rapport zu dem bestehende Gesetz, dat sinn och déi wichteg Ausnahmebestëmmungen, déi hei dra si par rapport zu eiser Législatioun iwwert den Aarbechtsvertrag, respektiv d'Ofännerung vum Gesetz vu '37 iwwert d'legal Bestëmmunge vun den Déngschtleeschunge vum Employé privé.

Alles dat sinn also Dispositiounen, déi nei sinn; Dispositiounen, déi e reng normative Charakter hunn. Déi also och de juristesche Wäert, deen dëse Projet huet, ganz kloer verstärken.

Et bleift awer, dass dëse Gesetzestext, wéi dat bestehend Gesetz a wéi och vill aner Gesetzer an anere Beräicher, eng Rei vun Zilsetzunge festleet, eng Rei vu Missiounen vum Stat, vum organiséierte Sport, vun de Gemenge festleet, Verpflichtungen, ouni dass direkt bei all Verpflichtung Sanktiounen virgesi sinn, ouni dass déi Verpflichtungen direkt vläicht alleguerten aklobar si viru Gericht.

Et ass eben déi méi programmatesch Ausrichtung, déi deelweis an deem heiten Text dran ass, déi zu där enger oder anerer Kritik Ulass ginn huet am legislative Prozess. De Statsrot an och eng ganz Rëtsch vu Beruffschamberen hunn dorobber higewisen.

Mä wéi gesot, ech wëll nach eng Kéier drop hiweisen, dass déi Kritik a mengen Aen nëmmen deelweis berechtigt ass, well besonnesch elo an deene leschte Joren a ganz ville Beräicher: am Ëmweltberäich, am Beräich vun der Famill, am Beräich vum Konsumenteschutz, eng Rei Texter vun der Chamber als Gesetzer guttgeheescht gi sinn, déi och éischter eng programmatesch Ausrichtung haten, déi also net onbedéngt an alle Punkten direkt juristesche verbindlech waren.

Mä och d'Zilsetzunge sinn heiansdo wichteg, an och d'Zilsetzunge kënnen an engem Gesetzesprojet hiren Nidderschlag fannen, wa se natierlech gekoppelt si mat enger ganzer Rëtsch vu konkreten, normative Festleeungen.

E reng normativen Text hätt a mengen Aen och bedeit, dass een deem Ganze sécherlech méi eng dirigistesche Ausrichtung hätt misse ginn. Dat wollte mer jo ausdrécklech net, an dat war eng Fro, déi ofgeschwat gi war 1994/95 mat de Responsabele vum COSL, fir vu virera kloerzemaachen, dass et net d'Absicht vun der Regierung vun deemools war, a sécherlech och net d'Absicht vun deene Regierungen duerno, fir hei an iergendenger Form dirigistesche an de Sportsbetrieb anzegräifen.

Hei soll jiddferee seng Roll spillen am Kader vun enger rationaler, gerechter Opdeelung vun den Zoustännegkeeten an am Respekt virun der Autonomie vun deem engen a vun deem aneren. Hei gouf also net an déi Richtung geduecht, dass mer e statsdirigéierte Sportsbetrieb sollten hei zu Lëtzebuerg kréien, an duerfir kann, wann dat d'Haaptoptik war, eigentlech net en Text erauskomme mat reng normativem Charakter.

E puer Wuert iwwert d'Entstehungsgeschicht an d'Entwécklung vun där Iddi vun engem neie Sportsgesetz. Et ass eigentlech 1994 lassgaange mat enger Table ronde vun deemolege Sportsminister, dem Johnny Lahure, organiséiert mat de Federationen, mat eenzelne Spëtzesportler, fir gemeinsam ze kucken, wéi kënnt de Sport, besonnesch de Leeschtungssport, hei zu Lëtzebuerg weiterentwéckelt ginn. An eng vun de Konklusiounen, déi deemools an där Table ronde am Fréijoer 1994 erauskomm war, war déi, dass ee sech misst iwwerleeën eng Rei vun Neierungen an engem neie Sportsgesetz virzegesinn.

Déi Iddi ass vun där nächster Regierung 1994/95 erëm opgegraff ginn. Ech selwer hat d'Eier, während dräi an engem hallwe Joer de Sportsressort ze verwalten, an ech ka mech gutt drun erënneren, den deemools waren eng Rei vu Virgespréicher. Dat war deemools keng esou einfach Affär wou jiddferee gesot huet: Hurra, elo kréie mer en neit Sportsgesetz! Do waren eng Rei vu Virgespréicher. Mir waren zwee-, dräimol zesummen, wou mer déi prinzipiell Fro fir d'éischt emol diskutéiert hu mat de Responsabele vum COSL, ob eng Noutwendegkeet besteet, en neit Sportsgesetz ze maachen, a wat d'Grondorientéierung vun engem neie Sportsgesetz kéint sinn.

D'Suerg vun den deemolege Responsabele vum COSL war fir effektiv gewährleescht ze kréien, dass net sollt an iergendenger Form eng Mainmise vun dem öffentleche Pouvoir op de fräi organiséierte Sport hei zu Lëtzebuerg kommen. A wéi déi Préalabele gekläert waren, ass och versicht ginn, an engem partnerschaftleche Geescht virunzekommen. Et ass en Aarbechtsgrupp agesat ginn, mat Responsabele vum Sportsministère, mat de Responsabele vum Conseil supérieur vum Sport a vum COSL, wou gekuckt ginn ass, fir sech dann ze eenegen op en éischten Entworf vun engem Text.

Deen doten Entworf ass nach eng Kéier am Ministère iwwerschafft ginn an huet dann zu engem Avant-projet de loi gefouert, deen 1998 eng éischte Kéier am Regierungsrot virgestallt ginn ass. Dat war, mengen ech, meng lescht Amtshandlung, déi ech als Sportsminister gemaach hunn. Ech mengen ech war souguer e puer Deeg schonn net méi a Funktioun, ech hunn awer nach d'Präsentatioun vum Projet de loi sengerzäit am Regierungsrot gemaach.

Duerno ass festgehalen ginn, dass elo all déi aner Departementer a Verwaltungen, déi mat Deelaspekter vun deem Projet do ze dinn hunn, géifen hiren Avis ofginn. An

dunn ass ganz kloer e bësse Sand an d'Getriebe erakomm. Et kann een net grad behaupten, dass onbedéngt en Excès de zèle gemaach gi wär vun deenen aneren Départements ministériels, fir u sech hir Stellungnahm zu deem Ganzen eranzeginn.

Dat huet sech da gezu bis iwwert den Terme vun där Legislaturperiod 1999 eraus, bis da schlussendlech am Februar 2001 vun der Madame Brasseur als Sportsminister den Dépôt vun engem Projet de loi konnt gemaach ginn, deen am Wesentlechen d'Iddi bäibehalen huet, bis op eng oder déi aner Ausnahm, déi am Fong och schonn an deem Virprojet mat dra waren. Och do ass et relativ lues virugaangen, et si méi kritesche Stellungnahme komm, offizieller an ofiziöser.

Dat huet dann och déi viregt Regierung dozou bruecht, fir nach eng Kéier eng Rei vun Amendementer zum éischte Projet eranzeerechen, dat war am Mee 2002. An duerno huet et dann erëm eng Kéier bal zwee Joer gedauert - mä dat ass awer net der Regierung hir Schold gewiescht - bis de Conseil d'État säin éischten Avis zum Projet gemaach huet, dat war am Februar 2004, en Avis wou u sech de Prinzip guttgeheescht ginn ass, wou eigentlech och déi meeschte Moosname Gnod fonnt hunn an den Ae vum Statsrot, mä wou awer och dräi Opposition-formellen an deem Avis vum Statsrot dra waren.

Déi deemoleg zoustänneg Chamberskommissioun huet dann hir Aarbechten intensivéiert an deene Fréjorsméint vun 2004. Et ass zu enger Rëtsch vun Amendementer komm, erëm eng Kéier d'Stellungnahm vum Statsrot, erëm eng Kéier Amendementer, an dann ass da schlussendlech vun där Kommissioun awer am Mee décidéiert ginn - et war just zum Ofschloss vun der leschter Legislaturperiod -, net méi elo dee Projet do duerchzedrécken an där leschter Sitzungswoch praktesch an elo e bësse Rou erakommen ze loosse, esou dass eigentlech dann dës Chamber an déi nächst Regierung deen heite Projet mat iwwerholl hunn als Ierfschaft.

Am Regierungsprogramm vun 2004 steet dran, dass dat Sportsgesetz soll esou schnell wéi méiglech verabscht ginn, an den neie fir de Sport zoustännege Minister, den Här Jeannot Krecké, huet sech dann och beméit, fir esou schnell wéi méiglech mat deem Projet elo an deem éischte Joer virunzekommen, doduerjer dass en och relativ schnell an déi zoustänneg Chamberskommissioun komm ass, och nach eng Rei vun Iddië matbruecht huet, wéi een op deem engen oder deem anere Punkt nach kënnt deen Text hei verbessern.

Mir hunn déi diskutéiert, hunn och nach déi eng oder aner eegen Iddi vun der Kommissioun mat erageholl, an a véier, fënnf Sitzungen - ech hunn net genau nogezelt - hu mer dann iwwert deen heite Projet diskutéiert, an no, wéi gesot, enger Rei vun Amendementer als Kommissioun, no engem leschten Avis vum Statsrot konnte mer eis da schlussendlech op en Text eenegen. Dee Rapport vun der Kommissioun ass och da bal eestëmmeg vun der Kommissioun ugeholl ginn, bei der Enthalung vum ADR-Vertrieder.

Dat war - wéi gesot - de Werdegang vun deem heite Projet. Wann een alles rechent, da sinn dat méi wéi zéng Joer, bal eelef Joer. Ech muss soen, et ass ganz kloer, et ass sécherlech e Projet, dee global gesi positiv ass. Ech gestinn awer gären an, dass et kee Projet ass mat engem revolutionäre Charakter, an déi laang Gestatiounsperiod steet net onbedéngt an engem direkte Verhältnis zu der Envergure,...

(Interruption)

...déi deen heite Projet huet.

Mä et bleift awer, mengen ech, dass en a ganz ville Punkten dat

verankert, wat elo vu Joer zu Joer iwwert de Budget weidergeschriwe gëtt. Dat Bestehend kann also definitiv gefestegt ginn.

Et sinn awer eng ganz Rëtsch vu Punkten dran, déi eng Neierung duerstelle par rapport zu haut an déi dem Sport sécherlech an deem engen oder aneren Aspekt hei zu Lëtzebuerg och wäerte weiderhëlfen an deenen nächste Joren, wann déi Texter seriö geholl ginn, a wa jiddfereen de feste politesche Wëllen huet, se och an der Praxis an deenen nächste Joren ëmzesetzen.

Ech sinn eng Kéier iwwert den Text geflunn an ech hunn a mengem schrëftleche Rapport eng 18 Punkte festgehalen, déi eng Neierung duerstelle par rapport zu deem, wat mer net nëmmen am Gesetz vun 1976 stoen hunn, mä och an der Praxis vun haut eigentlech Gültgkeet huet, wat also wierklech Neierungen sinn.

Dat geet vun der Roll vun de Federationen iwwert déi ganz kloer Festschreiwung vun der Autonomie vum Sportsmouvement a vun der subsidiarescher Roll a komplementärer Roll vun den öffentleche Pouvoiren am Sportswiesen, bis hin op esou eng Neierung, déi eréischt elo viru kuerzem duerch en Amendement drakomm ass, fir och um Niveau vun der Éducation précoce a vun de Spillschoulen obligatorescherweis sou genannt motorresch Aktivitéit fir déi Kanner ze organiséieren.

Dann ass och eng nei Iddi drakomm duerch eng Suggestioun vum heitege Sportsminister, fir e Konzept, wat sech och an Regierungsprogramm elo vun 2004 nidergeschloen huet, an deem Text hei verankert ze kréien, dat heescht méi staark ze setzen op eng proaktiv Politik tëschent der Gesondheet an dem Sport, an d'Gesondheet duerch Sport als Iddi eigentlech méi staark ze pousseieren.

Et ass och ugeschnidden an deem heiten Text - an als fréieren Ëmweltminister weess ech, dass dat en akute Problem war, an ech mengen nach ëmmer bleift - d'Noutwendegkeet, fir och gewësse Sportarten, déi en Impakt op d'Ëmwelt hunn, fir déi net zu Lëtzebuerg auszeschleissen, mä awer duerch eng geziilt Implantatiounspolitik ze erreechen, dass déi och d'Chance hunn hei zu Lëtzebuerg sech kënnen ofzewéckelen, awer dat wéi gesot an enger geuerdnetter Form, net diffus verspreecht iwwert d'ganz Land, mä op verschiddene Plazen, wou sech dann tëschent den Departementer muss eens gesat ginn, wou dat ka sinn, wou also do den Impakt am klengste bleift.

Dann natierlech och d'Utilisatioun vun de Sportsinfrastrukturen. Och dat ass interessant hei awer, dass d'Iddi dra verankert ass. Ech mengen, dass besonnesch och dem COSL um Häerz louch, datt, wat d'Utilisatioun vun deene Sportsinfrastrukturen ugeet, do haaptsächlech an éischter Linn déi sollen dem Schoulsport an dem Compéitiounssport déngen, an natierlech och fir eng aner öffentlech Notzung vun de Leit sollen op sinn, soufern déi zwou aner Utilisatiounen dat nach méiglech maachen.

Da sécherlech och e wichtige Punkt, dat ass u sech déi legal Ofsécherung vun der jährelecher Hëllef, déi de Stat gëtt fir d'Sportsaktivitéiten an och fir den techneschen Encadrement a fir den administrativen Encadrement vum Sport, sief dat um Niveau vum Sportsmouvement, sief dat um Niveau vun deenen eenzelne Federationen.

Dat sinn och ganz nei Iddië par rapport zum Text vun 1976, déi een haut sécherlech schonn ermëfent, mä wou et awer wichteg ass, dass een op Grond vun der Situatioun am Sportswiesen do net verkennt, dass mer do net um Endpunkt ukomm sinn an dass do och nach méi Besoine sécherlech sech ganz kloer bemierkbar maachen. Mir

kommen net laanscht eng gewësse Professionaliséierung vum Sports-wiesen, wa mer hei wëlle Resultater opzeweisen hunn an deem ganze Sportsberäich.

Dann eng Iddi, déi mer an der Kommissioun an enge vun de leschte Sitzungen zrëckbehalen hunn, dat ass, dass mer u sech déi Versécherung, wat d'Haftung ugeet, d'Zivilhaftung ugeet respektiv d'Ofsécherung géint Accidents, dat ass, dass mer déi net nëmmen aféieren respektiv confirméiere fir Leit, déi lizenziéiert sinn, fir Sportler, also respektiv déi Leit, déi eng Lizenz bei enger Federatioun hunn, mä dass mer do och déi sou genannte geleeëntlech fräiwëlleg Mataarbechter mat eranhuelen. Dat sinn also déi Leit, déi spontan erugezu ginn, wann et drëm geet eng Sportsmanifestatioun ze organiséieren. Dat kënnen déi Leit sinn, Pompjeeën oder anerer, déi de Verkéier versichen ze regléieren, an déi Leit, déi fir Sécherheetszwecker mat erugezu ginn.

M. le Président. - Här Bodry, ech mengen den Här Minister wëllt lech eng Fro stellen.

M. Jeannot Krecké, *Ministre des Sports.* - Neen, neen!

M. Alex Bodry (LSAP), *rapporteur.* - Dat hätt mech jo gewonnen, wann de Minister mer hätt wëllen eng Fro stellen!

(Hilarité)

Déi Leit, déi een also nach muss mat erunzéien, wat oft d'Eltere sinn zum Beispill, déi eng Hand mat upaken, wann et drëm geet fir eppes ze organiséieren. All déi Leit falen an Zukunft also hei ënnert déi obligatoresch Versécherung a ginn an Zukunft mat ofgeséchert. Dat ass och ee konkrete Schrëtt fir dem Eierenamt, der fräiwëlleger Mataarbecht, entgéintzekommen.

Da wéi gesot d'Aféiere vun engem Spezialstatut am Interesse vun de sou genannten Elitesportler, den Héichleeschtungssportler, wou eng ganz Rëtsch vu Moossnamen hei verankert sinn, fir deene kënnen entgéintzekommen.

Dat betrëfft de schoulesche Beräich mat dem Horaire aménagé, mat der Méiglechkeet fir d'Exame kënnen och getrennt duerchzuféieren; dann déi vill diskutéiert Prioritéit bei den Astellunge beim Stat respektiv am öffentleche Secteur - ech soen herno nach e puer Wuert méi am Detail dozou -, wéi och d'Prise en charge vun der Sait vum Stat vun engem Deel vun de soziale Chargé fir déi doten Héichleeschtungssportler, déi keen Akommes oder nëmmen e ganz klengt Akommes hunn. Alles dat sinn, mengen ech, wichteg Neierungen, déi an deem heiten Text verankert sinn, par rapport zu der Versioun vun 1976.

Dann natierlech, an dat hunn ech schonn ervirgestrach, e ganz wesentleche Volet, deen erakomm ass, dat ass d'Aféierung vun engem Delikt fir den Doping ze bekämpfen.

Dat hu mer bis dato zu Lëtzebuerg net kannt. Hei hätt ee missen eigentlech op aner Texter zrëckgräifen, fir strofrechtlech géint Doping virzegoen, a wou also an deem heiten Text virgesinn ass, dass haauptsächlech déi Leit, déi esou Dopingprodukter beschafen, dass déi u sech hei mat ganz staarke Strofen ze rechnen hunn, mat Geldstrofen, héije Geldstrofen an och mat héije Prisongsstrofe vun dräi Joer an deem enge Fall a bei enger Rezidiv mat bis zu fënnf Joer Prisong. Hei ass schonn de politesche Wëllen an deem heite Gesetzestext mat dran, fir wierklech mat staarke Geschützer eigentlech virzegoen, fir dem Phänomen Doping probéieren Här ze ginn.

Wat opfält an deem heiten Text, dat ass eng Optioun, déi d'Regierung bei der Ausaarbechtung vun dësem Projet de loi sengerzäit ge-

holl huet, nämlech déi, dass de Sportler selwer eigentlech net direkt ënner Strof gestallt gëtt. Dee kéint à la rigueur iwwert d'Complicitéit respektiv als Coauteur vun engem Delikt mat a Fro kommen. Mä de Sportler u sech, dee sech dopt, gëtt iwwert deen heiten Text net ënner Strof gestallt. Dat ass eng Optioun, déi geholl ginn ass.

Doriwwer kann ee gedeelter Meenung sinn. Dat wëll ech ganz kloer och hei a mengem perséinlechen Numm zum Ausdrock bréngen. Mä hei huet Lëtzebuerg eben déi doten Optioun geholl. Et muss ee gesinn, wéi gesot, wéi sech dat doten an der Praxis elo da wäert bewäeren.

Dann en anerem, e wesentleche Punkt, deen och der Suerg vun der Sportsbewegung eigentlech entsprécht, ass, fir munches, wat de Sport betrëfft, aus de Geriichtssäll erauszehalen. Well u sech den normalen Oflaf vum Sport dach awer duerch eng Lawin vu Gerichtsprozesser sécherlech net virugedriwe gëtt, mä éischter behënnert gëtt, war ëmmer d'Suerg fir ze kucken, fir esou wäit wéi méiglech Problemer, déi am Zesammenhank mat dem Sport entstinn, net virun déi ordinär Gerichter ze bréngen, mä wa méiglech iwwert de Wee vun engem Arbitrage, vun enger Schlichtung eigentlech op e gutt Enn ze féieren. Déi Iddi fënnst een och an deem Gesetzestext hei erëm.

Natierlech ass d'Sportswiesen och kee rechtsfräie Raum. Dat wëll ech och soen. Dorobber hunn ech ëmmer als Jurist higewisen, dass dat net ka sinn. Wann een net zu sengem Recht kënnt, muss een och engem Sportler oder wien et och ëmmer ass d'Recht zougestoe fir virun déi uerdentlech Gerichter ze goen. Mä virdu soll ebe probéiert gi sech am Gudden ze eenegen an eng Léisung ze fannen, déi dann all Sträitparteien zefridde stellt. Déi Iddi fënnst sech an deem heiten Text erëm.

Gradesou och wéi d'Iddi fir gemeinsam géint Gewalt an och géint de Friemenhaass am Sport virzegoen, engem Phänomeen, dee méi e rezente Charakter huet, mä deen een net därerf ënnerschatzen. Dofir och hei déi méi programmatesch Ausso, dass ee gemeinsam wëllt dergéint virgoen.

Da schlussendlech als leschte Punkt - ech hu jo schonn am Virfeld dorop higewisen - déi Ofännerungen am Aarbechtsrecht, déi Ausnahmestëmmungen, déi fir de Sport elo hei agefouert ginn, wat den Aarbechtsvertrag ugeet, wat d'Méiglechkeet ugeet fir e Contrat à durée déterminée kënnen ze maachen, respektiv och déi Méiglechkeet, déi hei elo agefouert gëtt, wann et sech ëm Aarbechtsverhältnisser zu Trainere respektiv zu Sportler handelt, dass déi net onbedéngt müssen iwwer e regelrechten Aarbechtsvertrag geregelt ginn, wann dat nëmmen eng Niewentätegkeet vun där Persoun, deem Trainer oder deem Sportler, ass. Do ginn also gewëssen As-souplissementer gemaach fir d'Sportswiesen, wat sécherlech och deem Ganzen zegutt kënnt.

Voilà, dat si grosso modo déi wesentlech Ännerungen, déi deen heiten Text bréngt. E puer Wuert nach zu enger Kritik, déi oft geäussert ginn ass, haauptsächlech och vum COSL an och vun eenzelne Chambres professionnelles: Firwat gëtt net méi fir de Bénévolat gemaach? Dat ass eng Diskussioun, déi och schonn an deene leschte Jore gefouert ginn ass, besonnesch: Firwat gëtt net méi am fiskalesche Beräich gemaach?

D'Kommissioun war der Usiicht, dass een à ce stade fir de Sport eleng deen Dossier net méi sollt opmaachen, well u sech jo och de Bénévolat an d'Stëtzung vun der éierenamtlecher fräiwëlleger Tätigkeet keng Affär nëmme vum Sportssecteur ass, mä mir brauchen de Bénévolat an alle gesellschaftleche Beräicher. Mir hunn en

och glécklecherweis nach an alle gesellschaftleche Beräicher.

Dofir war d'Kommissioun der Meinung, dass et eis net wäit géif bréngen, eleng fir de Sport hei speziell Bestëmmungen an deem dote Beräich anzeféieren, mä dass eng méi global Reflexioun vun der Regierung misst gemaach ginn iwwer zousätzlech Ënnerstützungsmoossname fir d'éierenamtlech Tätigkeet, an dozou och natierlech d'Fro soll gekuckt ginn, ob sech net am fiskalesche Beräich do Méiglechkeeten erginn, woubäi ee sech muss bewusst sinn, dat ass ganz kloer, dass, wann een de Leit wëllt um steierleche Plang entgéintkommen, dat nëmmen deene Leit eppes bréngt, déi och Steiere bezuelen.

Leit, déi keng Steiere bezuelen, well se an deenen ënneschten Akommeskategorien leien, deenen hëllefst een net mat steierlechen Of-schreiwungsméiglechkeeten an Ähnlechem, well déi scho souwiesou keng Steiere bezuelen. Do misst ee sech dann also och fir déi eng Kategorie aner Hëllefsmoossnamen afale loossen, wann ee wëllt an deem ganze Beräich do eppes maachen. Mir waren der Meinung, dass ee wéi gesot net méi wäit à ce stade kéint komme wéi dat, wat elo an deem Gesetzestext hei dra-steet.

Verschwonnen aus deem Text ass eng onglécklech Bestëmmung, déi an de Projet eragerutscht war, déi virgesinn hat, dass bei gewëssene Sportsmanifestatiounen vu gréissem Charakter, wou och eng kommerziell Iddi hannendru wier, dat heescht wou Benefiss géif erausprangen, d'Organisateure gehale wieren, fir ze participéieren un de Mehrkosten, déi dat dote fir d'öffentlech Hand mat sech bréngt, zum Beispill wat d'Polizeiorganisatioun ugeet. Do war eng Opposition formelle vum Statsrot a souwuel déi viregt Kommissioun wéi dës Kommissioun waren der Meinung, dass een effektiv esou een Text net kënnt hei bestoe loossen, well do géint d'Gläichheet virum Gesetz verstouss gëtt.

Well wa sech déi dote Fro stellt, an déi ka sech stellen, sécherlech net nëmmen am Sport, mä och an anere Beräicher, wou grouss Manifestatiounen stattfannen a wou Mehrkosten fir d'öffentlech Hand ufalen, a wann een esou eng Regelung mécht, da misst dat selbstverständlech gëlle fir sämtlech Sektoren, an et misst een natierlech och am Detail d'Kritäre festleeën, no deenen déi dote Regelung soll spillen. Dat war en anere Kritikpunkt, deen de Conseil d'État mat Recht geäussert huet, a wou d'Chamber der Meinung ass, dass effektiv een esou en Text net kann dra bestoe loossen.

Eng Meinungsverschiedenheet hate mer mat engem niewesächleche Punkt, de Sportsmusée, wou mer trotz reegem Bréifwissel mam Conseil d'État op kee Konsensus komm sinn. Do war eppes falsch verstane ginn. Mir hunn et awer net fäerdeg bruecht, dat erëm riichtzebeien, sou dass mer dee Passage iwwert de Sportsmusée hei erausgeholl hunn. Wéi gesot ech mengen, dass doduerch awer den Text u sech net u Wäert verléiert. Voilà, dat zum Inhalt vun deem Text.

En Text ass dat eent, d'Ëmsetze vun engem Text ass eppes Zweetes, an d'Suerg, déi mer an der Kommissioun haten, dat war och, dass mer d'Regierung gäre géife gesinn, an och déi nächst Regierung gäre géife gesinn, dass se mat dozou bäidroen, wéi d'Gemengen och, wéi de Sportsmouvement och, fir deen heiten Text mat Liewen ze erfëllen, och déi néideg Budgetsmëttel zur Verfügung ze stellen. Ouni déi geet et net, fir dass eenzel nei Dispositiounen vun

deem heiten Text och wierklech kënnen um Terrain gräifen. Wann dat geschitt, mengen ech, dass mer haut en uerdentleche Gest gemaach hunn am Sënn vum Lëtzebuerger Sport.

Merci.

Plusieurs voix. - Très bien.

M. le Président. - Merci, Här Bodry. Als éischt Riednerin ass d'Madame Françoise Hetto ageschriwwen. Madame Hetto, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

Mme Françoise Hetto-Gaasch (CSV). - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, haut bal véier an en halleft Joer nom Dépôt an der Chamber ass dann dat sou genanntent Sportsgesetz endlech op der Ligne d'arrivée ukomm. De Werdegang vum Gesetzesprojet, iwwert dee mer haut de Mëtteg ofstëmme wäerten, ass bekannt a gouf och elo grad nach eng Kéier vum Rapporteur, dem honorabelen Här Alex Bodry, beschriwwen, deem ech op dëser Plaz och am Numm vu menger Fraktioun wëll félicitéiere fir säi kompletten an excellenté schrëftlechen an och mëndleche Rapport.

Här President, och wann d'Leit schonn am leschte Jorhonnert sportlech aktiv waren, sou ass de Stellwäert vum Sport an eiser heiteger Gesellschaft awer e ganz anere ginn. Gouf virun honnert Joer de Sport nach méi als eng Fräizäitbeschäftegung ugesinn, sou ass de Sport vun haut méi wéi nëmmen en Zäitverdreif an och en Amusement.

Sport ass haut eng Plaz vu sozialer Kommunikatioun an Interaktioun, Ausdrock vun engem moderne Liewensstil, en Zeeche vu Liewensqualität an awer virun allem ee Facteur vun engem preventive Gesondheetssystem. Wéi mer alleguerte wëssen, leide ganz vill Leit an eiser moderner schnellieweger Gesellschaft, ob dat elo Jonker oder Aler sinn, u verschiddenen Zivilisationskrankheeten, zum Beispill Häerz-Kreeslaf-Krankheeten, Bluthéichdrock oder chroneschem Iwwergewicht. Et ass erschreckend feststellen - an dat sollt eis wierklech alleguer e bësselchen ze denke ginn -, dass am Moment uechtert d'Welt méi Mënschen duerch verschidde Krankheete stierwen, déi eng direkt Konsequenz vu Fettleibegkeet sinn, wéi et Mënsche gëtt, déi duerch Ënnerernährung ëm d'Liewe kommen.

Falsch Ernährung op där enger Sait an e Mangel u Bewegung op där anerer Sait droe ganz sécher dozou bäi, dass eis Gesellschaft ëmmer méi zu enger kranker Gesellschaft verkënnst. Eng krank Gesellschaft, déi also och ëmmer méi zur Laascht vun eisem Gesondheetssystem an eise Krankekeese gëtt. Fir deem entgéintzewierke gëtt et zum Beispill an Däitschland zënter dem Abrëll 2003 d'Initiativ „Deutschland bewegt sich für ein gesünderes und längeres Leben“. Dës Initiativ gëtt ënner anerem vun der BARMER, der gréisster däitscher Krankekeess gedroen an huet als ganz kloert Zil, d'Gesondheitspreventioun an de Käpp vun der Bevölkerung ze verankeren.

Duerch Televisiounsspotten a Reklammen an der geschrivwener Press ginn d'Leit iwwer verschidde Sportarten wéi Walking, also ganz einfach Sportarten, oder Vélofueren informéiert an opgekläert an niewebäi gi se awer och dozou opgeruff fir sech méi ze bewegen. Dat Ganzt mam Hannergedanke vun enger aktiver Gesondheitspreventioun. Dass hannert dëser Initiativ déi gréissten däitsch Krankekeess steet, verwonnert net, well och si wäerten erausfonnt hunn, dass duerch de Sport de Risiko fir zum Beispill u Bluthéichdrock oder Obésitéit ze erkrankte verringert gëtt. De positiven Nieweneffekt vun dëser Initiativ spigelt sech dann och sécherlech an

de méi niddregen Dépensé vun der Krankekeess erëm.

Ech sinn der Meinung, dass mir och hei zu Lëtzebuerg sou eng ähnlech Initiativ misste starten. Dat Ganzt an enker Kollaboratioun mat eise Sportsfederatiounen, dem Sportsministère an dem Gesondheitsministère.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, menger Meinung no ass de Sport eng, wann net déi Äntwert fir eiser ëmmer méi kranker Gesellschaft ze hëllefen. Well d'Leit dacks eréischt da sportlech aktiv ginn, wa se bis gesondheetlech Problemer verspiere, musse mer preventiv handeln an och duerfir suergen, dass si sech ëmmer méi an ëmmer méi fréi sportlech betätigen. Dat zielt och fir eis Kanner a Jugendlecher.

Dëser Revendicatioun, wéi se och am Koalitionsaccord vum Juli 2004 festgehal gouf, gëtt duerch dat neit Sportsgesetz Rechnung gedroen. Gesondheetserzéiung fänkt duerfir net - wéi dat fréier de Fall war - eréischt am Préscolaire un, mä gëtt elo ausgeweit op de Précoce. Elo geet et awer hei net dorëms fir elo déi kleng Däbbsen doe komplizéiert Übungen ze maachen, mä et geet am Fong geholl méi dorëms fir se ze be-gesechteren, fir hiren Defizit u Bewegung auszegläichen a fir déi motoresch Bewegungsofleeef ze verfeinere. D'Mesure fir de Sport schonn am Précoce unzëbidde gouf iwwregens och vum Statsrot ganz staark begrësst.

Sport an der Schoul déngt net nëmmen der Gesondheet vun eise Kanner, mä léiert si och wichteg mënschlech Wäerter an Normen. De Sport kann dës Roll bei eise Kanner awer nëmmen dann erfëllen, wa si e qualitativ héichwäerteg Sportsunterrecht ugebuede kréien. An duerfir sollten d'Gemeengen am Kader vun hirer Schoulorganisatioun och versiche qualifizéiert Personal am Sportsunterrecht anzesetzen, an d'Sportsunitéiten esou ze gruppéieren, dass d'Kanner beschdens kënnen dovunner profitéieren, an net wéi dat dacks de Fall ass, dass wierklech wäertvoll Zäit verluer geet duerch vill ze vill laang Bustrajeten.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, net nëmmen eis Kanner, och de Rescht vun eiser Populatioun huet Urecht op eng adequat Sportsoffer a Sportsinfrastrukturen. Dëser ëmmer méi grousser Demande an der Bevölkerung gëtt elo Rechnung gedroen. Am neie Gesetz steet geschriwwen, dass Sportsinfrastrukturen nieft der Schoul an dem Leeschtungs-sport och dem breede Public mussen zougänglech gemaach ginn, dat virun allem ausserhalb vun de Schoulstonnen, also och während de Vakanzen.

Ausserdeem sollen d'Gemengen, esou wéi de Statsrot et och recommandéiert huet, spezifesch Sportsprogrammer fir hir Bierger aus-schaffen an ubidden. Dat ganz besonnesch awer fir d'Kanner a fir déi Jugendlech. Hei sinn also eis Gemenge gefuerdert, fir sech déi néideg Mëttel ze ginn, fir den Erwaardung vun hire Bierger an Awunner gerecht ze ginn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, en anere wichtege Punkt, deen ech wierklech wëllt ervirhiewen, ass d'Ausweitung vun der Assurance sportive. Nei ass nämlech, dass net nëmmen d'Sportler an déi Dirigents sportifs, mä an Zukunft sämtlech Bénévolen, Collaborateure vun de Veräiner, och déi, déi wierklech nëmme geleeëntlech aushëllefen, duerch eng ganz nei staatlech Assurance ofgeséchert ginn, déi de Stat mat engem oder méi Assurancenorganisme kann ofschléissen.

Ech mengen, mir sinn dat och eise ville Bénévolé schëlleg, well ouni si ka kee Sportsclub effikass fonctionnéieren a keng Sportsveranstaltung mat Succès iwwert d'Bühn

bruecht ginn. Dëst ass ganz kloer eng Unerkennung fir hir wäertvoll Aarbecht, déi si fir de Veräin Woch fir Woch leeschten.

Ech denken an deem Kontext am Besonneschen un déi vill Elteren, déi sech an de Sportsveräiner engagéieren, fir Chauffeur fir d'Equipe vun hirem eegenen Kand an och där vun deenen anere Kanner ze spillen.

Ech hätt awer elo an dësem Kontext eng Fro un de Minister iwwer eppes, wat nach net ganz kloer ervirgaangen ass aus dem Projet de loi: Gëllt dës Assurance elo nëmmen, wéi dat beschriwwen ass «lors des activités sportives», oder och während där Zäit virdun an duerno, wou se muss preparéiert ginn?

Ech ginn elo just e puer Beispiller: Zum Beispill, wann d'Elteren d'Trikoté musse siche fueren; wann d'Kanner um Rendez-vous eng Stonn waarde virum Match; wann d'Eltere mat hire Kanner mat hirem eegenen Auto op Matcher oder Tournéieren an d'Ausland fueren an hir eege Kasko net onbedéngt wëllen op d'Spill setzen; wann een duerch e Mëssgeschéck engem Kand de Fanger a senger Autosdier quëtscht; oder wann de Sand virum Beachvolleyball scho muss um Terrain verdeelt ginn an, an, an.

Ech mengen, do gëtt et eng ganz Partie Beispiller, wou et fir déi Concernéiert wichteg ass ze wëssen, ob se an deem Fall dann elo mat versécherst sinn duerch dës nei Assurance oder net. Ech wär frou, Här Minister, wann Dir mir herno dorobber kéint eng Äntwert ginn.

Dës Measure, fir déi bénévolate Mat-aarbechter an eng Assurance mat anzeschleissen, war iwwregens och e Wonsch vum Comité olympique, deen hien a sengem Avis mat erabruecht huet.

Mir begrëissen natierlech och de Fait, dass de Stat weiderhin eis Elitesportler ënnerstëtzt, eis Spëtzesportler vun haut, sief dat elo de Benoît Joachim, de Kim Kirchen, d'Gebrieder Schleck am Cyclissem, d'Liz May am Triathlon, d'Tessy Scholtes am Karate oder eis Tennis-Crackë Muller, Kremer, Schaul a Minella fir nëmme si ze nennen. Si beweisen eis op alle Fall, Dag fir Dag, zu wéi enge Leeschtungen eng spezifesch a laangjähreg Förderung ka féieren.

All eis Elitesportler droen ausserdeem duerch hir gutt Leeschtungen dozou bäi, eist Land an der Welt ze representéieren an och méi bekannt ze maachen. Si sinn awer net nëmmen ee positiivt Aushängeschëld vun eisem Land an der Welt, mä heiheem sinn a bleiwe si Virbiller, Idoler an Idealer vun eise Kanner, déi versichen hinnen et nozemaachen. Duerfir ginn a mussen si och weiderhi mat den néidege Mëttel vum Stat ënnerstëtzt ginn.

Här President, ech kommen esou lues zum Schluss. De Motto „mens sana in corpore sano“, also de gesonde Geescht an engem gesonde Kierper, ass haut an eiser aggressiver, schnellieweger a gestresster Gesellschaft méi wéi jee aktuell, an de Sport verdéngt dohier och e besonnesche Stel-lewäert.

Net nëmmen dass déi Jonk an hire Veräiner léieren sech mat Gläichaltregen ze moossen a sech ze défouléieren, si kréien hei jo och Wäerter vermëttelt, wéi Toleranz, Respekt, Fairplay, Zesummenhalen - Wäerter ouni déi eng Gesellschaft net fonctionnéiere kann.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dat neit Sportsgesetz mat deem laange Baart ass doudsécher net perfekt, mä et huet awer vill positiv Aspekter an et ass och schlussendlech e Schritt an déi richteg Richtung. D'Experienz wäert eis da sécherlech weisen, wou an op wéi enge prezise Punkten nach muss a kann och vläicht nogebessert ginn. Domadder wëll ech schléissen.

Ech soen Iech Merci fir Är Opmierksamkeet a bréngen och heimadder den Accord vu menger Fraktioun.

Plusieurs voix. - Très bien.

M. le Président. - Merci, Madame Hetto. Als nächst Riednerin ass ageschriwwen déi honorabel Madame Colette Flesch. Madame Flesch, Dir hutt d'Wuert.

Mme Colette Flesch (DP). - Merci, Här President. Här President, léif Kolleegeen, eng gewësse Fatalitéit schéngt op de Sports-gesetzter hei am Lëtzebuerger Land ze laaschten: Si ginn duerch eng ganz laang Period vu Preparatioun, da falen se an administrativ Tergiversatiounen, da kënnt eng ganz laang Period vu Consultatiounen, an domadder lafe mer de Risque, dass bis zu deem Moment, wou de Projet an d'Chamber kënnt, e scho wäitgehend zerriert ginn ass.

Dat war 1920 de Fall bei enger Proposition de loi, déi dunno agereecht ginn ass, an déi Proposition de loi ass schlusslech 1939 verworfen ginn. Dat war och de Fall fir d'1976er Gesetz, dat kann ech aus perséinlecher Erfahrung bezeien. Ech war deemools dobäi, an ech weess, wéi vill et hin- an hiergaangen ass, a wéi laang et gedauert huet. An dat ass och wou fir dat Gesetz, wat mer haut diskutéieren.

Gëschter hat eng Dageszeitung zwou Säiten iwwert dat neit Sportgesetz an huet d'Ahnengalerie vum Sportgesetz publizéiert. Fënnf Ministeren, huet „d'Wort“ geschriwwen, haten deen Text op hirem Büro leien: den Här Johnny Lahure, den Här Alex Bodry, den Här Georges Wohlfart, d'Madame Anne Brasseur an den Här Jeannot Krecké.

Et ass effektiv wouer, an de Rapporteur huet drun erënnert, dass d'Iddi gebuer ass 1994 zur Zäit vum Minister Johnny Lahure. Deen éischten Avant-projet ass virgeluecht ginn am Conseil de Gouvernement 1998; et ass awer dunno zu kengem Projet komm. D'Consultatiounen interministerieller Aart hu gedauert vun 1998 bis 2000. De remaniéierte Projet ass dunno den 13. Februar 2001 déposéiert ginn. Du sinn déi extern Consultatiounen ugaange mat de Chambres professionnelles, dem COSL, dem Syvicol, an hu bis 2002 gedauert. De Projet ass zimlech fundamental vun der Regierung amendéiert ginn den 12. Juni 2002, an d'Aarbechten an der Chamber sinn ënnerbrach ginn duerch d'Wahle vum 13. Juni 2004.

Wa mer haut also kënnen dee Projet diskutéieren, géing ech soen, da sinn et haaptsächlech dräi Leit, déi de Mérite dovun hunn. Fënnf Ministeren haten de Projet op hirem Büro leien; ee Minister huet de Projet fäerdeg gestallt, boucléiert an déposéiert 2001, an dat war d'Anne Brasseur, Minister vun der Éducation nationale, vun der Formation professionnelle a vum Sport. D'Madame Brasseur huet weider am Joer 2002 de Projet relativ fundamental amendéiert, fir gewësse Kritike Rechnung ze droen. An deen Text, dee mer haut stëmmen, ass guer net wäit entfernt vun deem, deen deemools déposéiert an dunno amendéiert gouf.

De jëtzege Sportsminister, den Här Jeannot Krecké, huet d'Aarbechten direkt reaktivéiert no der Prise de fonction vun der neier Regierung, an den Alex Bodry als Rapporteur huet d'Kommissioun mussen leeden duerch en aussergewöhnlech voluminéis Dossier. Et ass seelen, dass mir an der Chamber esou vill Grammen u Pabeier hunn, wou mer eis mussen derduerchwullen.

Also, deenen dräi e ganz spezielle Merci, dass mer haut kënnen zu engem Ofschluss vun deem Projet kommen.

(M. Jos Scheuer prend la Présidence)

De But dovun ass ganz kloer: Den Text, deen 30 Joer alen Text vum Sportsgesetz soll moderniséiert ginn; e soll adaptéiert ginn un d'Evolutioun vum Sport an der moderner Welt, un d'Exigenze vum Sport, un d'Evolutioun vun der Gesellschaft och, an och un d'Evolutioun vum internationale Kontext, sief dat de Conseil de l'Europe, sief dat d'Union européenne, sief dat och de Comité International Olympique.

Esou wéi d'Deeler II bis IV vum Rapport vun der parlamentarischer Kommissioun et beweisen, sinn déi eenzel Objektivt an dësem Gesetz erfüllt an erziilt ginn.

Ganz perséinlech wëllt ech zwar eng Remarque bäifügen an déi wär, dass ech mam Rapporteur d'accord sinn an deem wat en op Sait 6 vu sengem Rapport gesot huet a wat en awer net méi ganz geschéngt huet ze deelen a sengem mëndleche Rapport, dass den Text, dee mer haut diskutéieren, éischter - an ech zitéieren en «d'essence programmatique» ass an net «à caractère strictement normatif».

Am Souci vun enger gudder legislativer Prozedur hätt ech mer gewënscht, dass mer e bësse méi normativ virgaange wieren. Ech halen dobäi fest, dass et sécher keen Zoufall ass, wa véier vun deene fënnf Beruffschamberen, déi en Avis zum Gesetz ofginn hunn, eben och bedauern, dass et éischter eng Déclaration d'intention ass wéi en Text de loi, dee kloer juristeschen Normen etabliert.

Mä wann ech dat soen, dann ass dat einfach e Bedauern zur Form a guer net zum Fong vum Gesetz, well effektiv stellt dëst Gesetz e wesentleche Fortschritt duer rapport zum Text vun 1976. Déi Fortschritter, déi enregistriert gi sinn oder déi Plus-valuen - wéi de Rapporteur se nennt -, et sinn der 18, dat sinn déi, déi hien a sengem Rapport opgezielt huet. Ech mengen et sinn der weinstens 19 oder 20. Mä dat kann een alles fannen op Sait 6 a 7 vum Rapport vun der parlamentarischer Kommissioun.

Déi Fortschritter sinn all wichteg, mä menger Meinung no gëtt et der vläicht, déi méi an d'Woschuel fale wéi anerer, an do zielen ech der siwen. Dat ass d'Tatsaach, dass an dësem Gesetz d'Federatiounen unerkannt ginn an, wéi soll ech soen, protégéiert ginn, legal protégéiert ginn, dass an dësem Gesetz d'Autonomie vum Mouvement sportif rechtlech festgeschriwwen gëtt, an dass och rechtlech festgeschriwwen gëtt, dass d'öffentlech Hand beim Sport eng subsidiareschen Roll ze erfüllen huet.

Weider schéngt et mer ganz wichteg, dass hei och festgeschriwwen gëtt, dass de Stat dozou beruff ass, de Sport ze ënnerstëtzen. Et ass also net nëmme méi eng Saach vun enger jährelecher Décisioun beim Budget, mä hei gëtt ee fir alle Mol festgeschriwwen, dass de Stat hei muss intervenéieren. De Montant vun der Dotatioun hänkt dann natierlech all Joer vun de Budgetsdiskussiounen an -décisiounen of.

Et ass och wichteg, dass mer e Statut spécial fir ons Elitesportler am Gesetz festschreiwen. Et ass enorm wichteg, dass mer de Kampf géint den Doping hei rechtlech consacréieren an dass mer soen, sans préjudice vun deene Moosnamen, déi um private Plang vun der Sportswelt à l'égard vun de Sportler geholl ginn, sollen an Zukunft Sanctions pénales, streng Sanctions pénales ugewannt gi géigeniwwer deenen, déi mat Drogen handelen, se verschreiwen oder de Sportler se verpassen. Dat ass menger Meinung no e ganz wesentleche Punkt, deen normative Charakter huet an deen enorm wichteg ass an dësem Gesetz.

Schliesslech ass och dat Engagement wichteg, géint d'Violence a géint d'Xénophobie am Sport ze kämpfen, an dann, last but not least, déi spezifesch Regeln, déi virgesi si fir d'Aarbechtsrelatiounen vu souwuel Trainere wéi och Sportler mat de Verbänn ze regelen. Dat ass jo e Problem, deen ëmmer erëm opgeworf ginn ass, och an den Assemblée vum COSL, a wou endlech elo hei eng kloer Sprooch geschwat gëtt.

Dat sinn also alles Dispositiounen, déi der Evolutioun vun der Gesellschaft Rechnung droen, déi der Evolutioun vun der Roll vum Sport an der moderner Welt Rechnung droen an déi - a leider ass dat och néideg - Garde-fouen opriichten, fir déi Dériven ze bekämpfen, déi leider hautdësdays och mam Sport verbonne sinn.

D'parlamentaresch Kommissioun - an de Rapporteur huet dat gesot - huet allgemeng unerkannt, dass ee misst eppes virgesinn, fir de Bénévolat ze ënnerstëtzen, esou wéi de COSL dat a sengem Avis vum 25. Abrëll gefrot hat. D'parlamentaresch Kommissioun war aus deenen Ursaachen, déi de Rapporteur opgezielt huet, awer der Meinung, dass déi Mesur sech net kéinten op de Sport beschränken, mä dass se missten d'application générale sinn.

Et kann ee sech ganz gutt virstellen an et weess een, dass de Bénévolat eng ganz wichteg Roll och an der Kultur spillt, an och bei deenen, déi sech Suerge maachen iwwert d'Erhale vun onsem Environnement. Et soll hei ganz allgemeng iwwert de Bénévolat nogeduecht ginn, an d'Kommissioun huet d'Regierung opgefuert, eng global Reflexioun zu deem Sujet ze féieren.

Ech wär dem Minister also dankbar, wann hien ons kéint soen, wéi hien d'Äntwert zu där Fro vun der parlamentarischer Kommissioun gesäit. Ech wëll en passant, wat de Bénévolat betrëfft, awer och festhalen, wéi de Rapporteur, dass d'Kommissioun, entgéint dem Conseil d'État an entgéint anere Kritiken, déi komm waren, der Meinung war, dass d'Assurance sportive accidents och soll gëlle fir déi, déi, wéi soll ech soen, occasionnel dem Sport Déngschter leeschten. Also net nëmme fir déi, déi voll engagéiert sinn, mä och fir déi, déi bei dëser oder där Geleeënheet bénévolate dem Sport eng Hand upaken.

Här President, den Avis vum Syvicol werft bei mir weinstens eng Fro op. De Syvicol insistéiert, a menger Meinung no zu Recht, op d'Autonomie communale, mä fret awer dann, dass de Stat soll d'Frais de fonctionnement et d'entretien vun de kommunale Sportsinstallatiounen mat begläichen. Dat schéngt mer eng Fuerderung ze sinn, déi a Contradictioun ass mam Prinzip vun der Autonomie communale. Wann et sécherlech legitim ass, dass de Stat soll eng Hand mat upaken, fir Sportsinstallatiounen ze bauen, esou wéi dat och bei der Kultur de Fall ass, da schéngt et mir, dass d'Gemengen awer sollen hir Installatiounen esou konzipéieren, dass se an der Lag sinn, duerno se och ze verwalten.

De Conseil d'État huet dat ganz kloer gesot a mir hunn dat an dëser Chamber och gesot, wéi mer zwee Kulturprojeten an d'Participatioun vum Stat bei deene Kulturprojeten diskutéiert hunn. Dat waren d'Centres culturels zu Ettelbréck an zu lechternach. Et ass nach guer net esou laang hier, dunno hu mer gesot, d'Gemenge sollen sech awer Gedanke maachen, wéi déi Installatiounen duerno kënnen, sollen a musse fonctionnéieren.

Här President, de Conseil d'État huet och bei dësem Projet méi Avisé gi wéi mer gewinnt sinn - et sinn der véier insgesamt - an huet domadder wesentlich zu der endgültiger Form vun dësem Projet bäigedroen. D'Kommissioun ass bei deenen Awänn vum

Conseil d'État meeschtens de Suggestioun vum Conseil d'État no-gaangen, voll oder deelweis, an net nëmme wann eng Opposition formelle vum Conseil d'État komm ass. Och a Fäll wou de Conseil d'État einfach eng Suggestioun gemaach huet, ass d'Kommissioun higaangen an huet déi Suggestioun mat an den Text erageholl.

Nëmme bei dräi Froen war dat net de Fall. Dat war bei den Artikelen 2, 4 a 16 vum Projet. Beim Artikel 2 hat de Conseil d'État zweemol gefrot, et soll een d'Raison sociale vum COSL aus dem Gesetz erausloossen. D'Kommissioun war net där Meinung, well se zu Recht a mengen Ae gemengt huet, dass et scho wichteg wär, dass dat och am Gesetz verankert wär, also d'Votatioun vum COSL als Daachorganisatioun vum organisierte Sport.

D'parlamentaresch Kommissioun huet och de Conseil d'État net sui-veiert wéi en am Artikel 4 kritiséiert huet a gemengt huet, dass d'Roll vun de Gemengen net prezis genuch ëmschriwwen wär an dass een do misst méi wäit goen. D'Kommissioun huet gemengt - an ech deelen déi Meinung -, dass d'Mise à disposition vu sportlechen Infrastrukturen effektiv ënnert d'Misiounen vun de Gemenge fällt an dass een do net weider misst vill a laang Explikatiounen zum Gesetz ginn.

Beim Artikel 16 huet de Conseil d'État gemengt, et soll een net mat enger allgemenger Notion operéieren am Kampf géint den Dopage a sech référieren op «un organe représentatif sur le plan national». Hien huet gemengt, et soll een explicitement déi Institutioun mam Numm nennen. Or, déi rezente Erfahrung weist, dass domadder Gefore verbonne sinn. Am Laf vun deene leschte Méint a Joren huet déi Institutioun geännert, souwuel wat hir Statute betrëfft wéi och wat hir Dénominatioun betrëfft. Esou dass d'Kommissioun der Meinung war, dass mer solle bei der allgemenger Definition bleiwen, déi d'Situatioun ofdeckt, egal wéi dann den Numm vun där Institutioun duerno ka sinn.

Et gëtt eng aner Bestëmmung, déi och schonn erwähnt ginn ass, an dat ass den Artikel 18, deen d'Violence dans le sport betrëfft. Do war d'Kommissioun mam COSL an och mam Conseil d'État der Meinung, dass déi Dispositioun, déi virgesinn huet, am Ufank, dass d'Organisateure vu Manifestations sportives à but commercial missten d'Frais de service d'ordre rembourser, an déi do schonn ofgeännert gi war als eng Kann-Bestëmmung, fort misst. Déi ass dann och ganz aus dem Text erausgeholl ginn.

Schliesslech, wat den Artikel 5 betrëfft, huet d'Kommissioun den Text komplettéiert, andeem si virgeschloen huet, dass bei deene Mesuren, déi am Artikel 5 stinn, d'Ënnerstëtzung vun deene Programmer soll virgesi sinn, déi dozou dëngen d'Gesondheet duerch de Sport ze preservéieren.

Ech weisen dorop hin, dass de Conseil d'État sech deem Amendement ralliéiert huet mat der Bedingung, dass d'Regierung misst de Gemengen d'Méiglechkeete ginn déi Programmer utile ze organiséieren. Ech wier also och do frou, wann de Minister ons kéint soen, wat seng Iddi sinn, fir där Bedingung vum Conseil d'État entgéint-zekommen.

Dann, Här President, ier ech ofschléissen, wollt ech d'Fro opwerfe vum Sport an der Schoul. Dat schéngt mir vun äusserster Wichtigkeet ze sinn, well d'Schoul besser wéi all aner Institutioun kann dozou féieren, dass d'Kanner an déi jonk Leit effektiv Sport maachen. Sécherlech ass et gutt, wa si vun de Familljen hier mat op de Wee kréien, si solle Sport maachen, mä déi, déi dat doheem net matkréien, déi sollen et da weinstens an der Schoul matkréien.

D'parlamentaresch Kommissioun huet an hirer drëtter Serie vun Amendementer vum Abrëll vun dësem Joer virgeschloen, dass d'Éducation précoce soll mat abezu gi bei deene pedagogeschen Domänen, fir déi eng Activité motrice obligatoresch ass. Also net Éducation sportive, mä Activité motrice, wat, mengen ech, dem Alter vun de Kanner besser entsprécht. Et ass eng gutt Saach.

Sengersäits huet de Conseil d'État gemengt, dass d'Reglementatioun iwwert de Sport bei der Uni net soll énnert d'Sportsgesetz falen, mä soll geregelt ginn am Gesetz iwwert d'Uni Lëtzebuerg, sou dass de rechtliche Rahme vum Sport an der Schoul an deem Gesetz, wat mir haut diskutéieren, sech beschränkt op engersäits d'Éducation précoce an de Préscolaire, wou d'Activités motrices obligatoresch sinn, an dann de Primaire, de Secondaire, de Secondaire technique, wou d'Éducation sportive obligatoresch ass an och bewäert gëtt an der Schoulzensur. De Minister vun der nationaler Erziéung soll de Volume an de Contenu vun deem Enseignement definéieren.

Wéi de Sportsminister, den Här Krecké, seng Föncioune opgeholl huet, do huet hien ee Change-ment de cap préconiséiert, eng Tendenzwende beim Schoulsport. An ech hunn him doropshin eng Fro gestallt, an ech hunn eng ähnlech Fro un de Minister vun der Éducation nationale geschéckt. D'Ministerin vun der Éducation nationale huet mir den 3. September 2004 geäntwert, si hätt nach net den Detail vun de Propositione vum Sportsminister, a si géing sech virbehale spéider op déi Initiativen zréckzekommen, notament wa si d'Konklusiounen hätt vun enger Etüd iwwert d'Mobilitéit vun de jonke Leit zu Lëtzebuerg.

An enger Äntwert, an engem blumeg Stiel, also dans „un style fleuri“, huet de Sportsminister de 26. Oktober 2004 mir geäntwert, hie wier gedriwwen vun der Suerg - an ech zitieren - «de mettre un terme à des pratiques courantes si elles révèlent un certain laisser-aller, de définir les problèmes qui se posent et d'aller à la recherche de solutions vivables».

Hien huet mech weider dorop higewisen, dass de Sport net méi an den direkte Kompetenze vum Minister vun der Éducation nationale wier, an dass doduerjer et inéluctable wier «un dialogue permanent et une relation de complicité avec la Ministre de l'Éducation nationale» ze hunn, an hien huet an deem Zesummenhang eng Referenz gemaach op de Pilotprojet Ganzdagsschoul.

Hien huet mir schliesslech gesot, dass gewësse Servicer vu sengem Département dee Moment, dat war also am Oktober vun leschte Joer, amgaang wiere Consultatiounen ze féiere mat allen implizéierte Partner a mat dem Zil «d'identifier les pistes à suivre notamment au profit du sport scolaire».

Bon, Här President, d'Regierung ass elo bal ee Joer am Amt. D'Gesetz iwwert de Lycée-pilote ass gestëmmt. D'Chamber ass drop an drun d'Gesetz iwwert de Sport ze stëmmen. Et géing mech also interesséieren ze wëssen, wat déi konkret Resultater sinn, zu deenen d'Relation de complicité vum Sportsminister mat der Educatiounsministerin geféiert huet.

(Interruption)

Wat sinn d'Konklusiounen vun deene Consultatiounen, déi d'lescht Joer engagéiert si ginn? Wat sinn d'Pisten, déi de Minister identifiziéiert huet au bénéfice vum Sport an der Schoul? Wat sinn d'Mesuren, déi hie préconiséiert, an d'Virschléi, déi sollen ëmgesat ginn? Well ech si mam Rapporteur d'accord: D'Gesetz ass eng Saach, mä nach muss een duerno kucken, wéi et ëmgesat gëtt, a wat do geschitt. Mir wieren also frou ze wëssen, wat d'Iddien, wat d'Vi-

sioun vum Minister an deem Zesummenhang ass.

Dat gesot, Här President, si mir als demokratesch Fraktioun der Meinung, dass dëse Projet wierklech ee Fortschrëtt bedeit par rapport zum Gesetz vun 1976, dass de Projet de bestehenden Text verbessert a moderniséiert, dass hien ons sportlech Gesetzgebung adaptéiert un d'Evolution vum der Gesellschaft an un d'Exigence vum Sport an och un d'Evolution vum internationale Kader. Mir wäerten also dee Projet stëmmen.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. le Président.** - Merci, Madame Flesch, ier den Här Kox d'Wuert kritt, huet den Här Bodry nach d'Wuert gefrot.

■ **M. Alex Bodry (LSAP).** - Jo, Här President, ech hat just nom Rapport vergiess d'Kap als LSAP-Spriecher unzedoen. Ech géif natierlech dann och am Numm vun menger Fraktioun den Accord zu dësem Text ginn.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Xavier Bettel (DP).** - Mir hate schonn Duten; mir hunn dru gezweifelt.

■ **M. le Président.** - Mir huelen dat zur Kenntnis, mat Freed. Här Kox, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Henri Kox (DÉI GRÉNG).** - Merci, Här President. Bon, och vu menger Säit wëll ech fir d'éischt dem Rapporteur nach eng Kéier Merci soe fir deen ausféierleche schrëftleche wéi mëndleche Rapport. Mir haten zwar e bësse Problemer, well mir eng Rei vu Rapporten hannereneen do iwwerkucken an unhuelen hu missen.

Als fréiere Sportsminister a President vun enger grousser Sportsfederatioun ass de Rapporteur jo perfekt mat der Matière vertraut, sou dass scho bal alles méi oder manner iwwert d'Zustanekomme vun dësem neie Gesetz souwéi déi eenzel Neierunge par rapport zum ale Sportsgesetz vun 1976 gesot gouf.

Dofir wollt ech och direkt am Ufank vu menger Interventioun den Accord vu menger Fraktioun zu dësem neie Sportsgesetz ginn.

Et hätt ee sécherlech an deem engen oder anere Punkt vun dësem Gesetz vill méi wäit kënne goen, besonnesch wat den obligatoresch respektiv normative Charakter vun dësem Gesetz ugeet. Sou berout de Rôle vum Stat a ville Punkten éischter op enger allgemeiner Absichtserklärung, déi gläichzäiteg och nach relativ vag gehalen ass, wéi op enger aktiver Gestaltung vum Stat innerhalb der Sportswelt.

Dëst gouf och praktesch vu sämtleche Chamberen an deene respektiven Avisé bemängelt. Dass deem esou ass, schéngt jo hei zu Lëtzebuerg historiesch sou gewuess ze sinn a berout op dem Wonsch vun enger staarker Autonomie säitens de sportlechen Institutionen an Organisatiounen. Wat awer noutgedrungen zu muenchen net vermeidbare Konflikter tëschent konkurréierende Federatiounen féiert, déi net ëmmer am Intérêt vum Sportler beziehungsweise vum Sportsmouvement am Allgemenge sinn.

Wann d'Aufgabe vum Stat nach am Gesetz vun 1976 als Missioun vum der allgemeiner Orientatioun, der Koordination, der Ënnerstëtzung an dem Encouragement definéiert goufen, esou huet de Stat sech awer an der Tëschenzäit ëmmer méi vun dësen Aufgabe verabschit an huet sech progressiv a méi komplementär Beräicher ëmorientéiert. A Beräicher, wou natierlech déi méi oder manner autonom Sportswelt noutgedrungen aus finanzielle Grënn net kann aktiv ginn. Besonnesch an deene Beräicher, déi mam Bau a mam Ënnerhalt vu Sportsinfrastrukturen ze dinn hunn.

Dëst féiert awer dozou, wéi dat esou oft hei zu Lëtzebuerg de Fall ass, dass mer éischter an de Bëton wéi a mënschlech Ressourcen investéieren. E gutt Beispill heifir ass sécherlech d'Coque um Kierchbiere. Näischt géint déi excellent baulech wéi architektonesche Leeschtung. Et erweist sech awer bei ville prakteschen Uwendungen an der leschter Zäit, déi do waren, dass dës monumental Sportsinfrastrukturen net ëmmer den eigentleche sportleche Bedürfnisser gerecht ginn.

Dës Kritik zielt awer net nëmme fir d'Infrastrukture vum Stat, mä och fir d'Sportsinfrastrukturen an de Gemengen. Hei kënn een och eng ganz Rei vu rezente Beispiller opzielen, wou d'eigentlecht Zil, nämlech eng breet a villfältig sportlech Notzung, net ëmmer erreecht gëtt.

Här President, Dir Dammen an Dir Härren, dëst Gesetz bitt deemno éischter, esou wéi scho vu ville vu menge Virriednerinnen a Virriedner hei développéiert, nëmme e Kader mat enger Rei vun néidegen Adaptatiounen, déi dat un déi jëtzege Praxis e bëssen upassen. De Stat probéiert also esou gutt wéi méiglech, sech aus der Sportswelt erauszehalen a just nom Prinzip vun der Subsidiaritéit ze handeln. Ob dëse Prinzip awer de richteg Wee ass, wëll ech elo hei net weider développéieren.

Duerfir wäert ech och nëmme op e puer Aspekter vun dësem Sportsgesetz agoen, déi, mengen ech, awer essenziell fir de Sport, mä net nëmme eleng fir de Sport sinn.

D'gesellschaftlech Entwécklung vun de leschte Joren hei zu Lëtzebuerg weist, dass de Stat eng ëmmer méi wichteg Roll a bestëmte Beräicher vum Sport muss iwwerhuelen. De Stat muss duerfir seng Aufgaben nei iwwerdenken. Ewech vun der normaler staatlecher Verwaltung hin zu méi enger aktiver staatlecher Gestaltung, ouni awer, an dat ass wichteg, och hei zu Lëtzebuerg, déi sensibel Autonomie vun de sportleche Veräiner a Federatiounen op d'Spill ze setzen. Duerfir brauche mer u sech och keen neit Sportsgesetz, mä de Wëllen, do wou de Stat muss a kann aktiv ginn, dëst mat der néideger Seriositéit och unzepaken an duerchzuféieren.

Dës wichteg Aufgab als Gestalter gesinn ech fir d'éischt a besonnesch an der Schoul, speziell beim Schoulsport a bei de parascolaire Sportsaktivitéiten. Dësen Engagement ass net nëmme en Engagement fir der Sportswelt eng Hëllefstellung bei der Talenterkennung unzëbidde respektiv Brécken ze bauen tëschent der Schoul, de Veräiner an de Federatiounen, mä virun allem déi staatlech Verflechtung fir zu enger ausgeglichener Entwécklung vun eise Kanner respektiv Jugendleche bäizeroen.

Här President, Dir Dammen an Dir Härren, de Schoulsport huet eng ganz wichteg Roll bei der Entwécklung vun eise Kanner a Jugendlechen ze iwwerhuelen. Bei der Entwécklung vun eise Kanner a Jugendleche mussen all méiglech Facettë vum mënschleche Wiesen ugesprach an développéiert ginn. D'Bewegung ass a bleift e Grondbesoin vum Mënsch, ganz besonnesch vum Kand, well se vital ass fir seng physisch, motoresch, psychesch, intellektuell a sozial Entwécklung. Dëse Bewegungsprozess hëlleft mat, dass seng Perséinlechkeet besser entwéckelt, geformt a stabiliséiert gëtt.

E weidere ganz wichteg Punkt vum Sport ass d'Betätigung an d'Deelhuelen um kulturellen a gesellschaftleche Liewen. Wien net derbäi ass, riskéiert ausgeschloss ze sinn. De Sportsunterricht soll deemno hei jiddferengem d'Viraus-

setzung schafen, fir kënnen derbäi ze sinn. E soll een zolitten a villfältige Grondbagage bei jidder Kand a Jugendlechen entwéckelen, fir dass se sech duerch d'Matmaachen um Sport kënnen integrieren.

E weideren Aspekt, an deem ass scho vu menge Virriednerinnen ugeschwat ginn, dee leider ëmmer méi an de Vierdergrond réckelt, ass dee vun der Gesondheet vun eise Kanner a Jugendlechen. Dëse Phenomeneen spigelt sech besonnesch am lwwergewicht vun eise Kanner zréck. Déi kierzlech duerchgefouert Ënnersichung vum Service médical des écoles huet erginn, dass och hei zu Lëtzebuerg schonn 19,1% vun de Schoulkanner an der Primärschoul un lwwergewicht respektiv Fettsucht leiden. Ech mengen, e katastrophale Befund. An Däitschland ass mëttlerweil all fënnëft Kand an all drëtte Jugendleche mat lwwergewicht geplot.

Et schéngt sech ze bestätegen, dass d'lwwergewicht an d'Fettsucht an hir Folgen op d'Gesondheet sech zu enger grousser Problematik vun eiser moderner Gesellschaft vum 21. Jorhonnert entwéckelen. Eis Gesellschaft gëtt ëmmer méi zu enger prononcierter Bewegungsmangelgesellschaft mat dramatesche Folge fir d'Gesondheet an deemno och fir eis Krankekeesen. Déi alarmant Etüd weist op, dass eng dramatesch Verschlechterung, wat de Gesondheits- a Bewegungszustand vun eise Kanner betrëfft, feststellen ass.

De Schoulsport - an do muss, Här Minister, onbedéngt aktiv ugepaakt ginn - huet deemno fir mech eng dräifach preventiv Missioun:

- duerfir ze suergen, dass bei de Kanner eng positiv Astellung zum Kierper, zur kierperlecher Ustrennung a sportlecher Betätigung opgebaut a fixéiert gëtt;
- esou ze handeln, dass och d'Viraussetzung geschafe gëtt, dass keng Schied do weider optrieden, wat natierlech op e qualifizéiert Personal muss zréckgefouert ginn an
- duerch d'Kombinatioun mat Ernährungsprogrammer zu méi enger staarker Sensibilität, zu enger gesonder an ausgeglichener lesskultur bäizeroen.

Et gëtt nämlech eng ganz kloer a staark Korrelatioun tëschent dem Bewegungsmangel engersäits an der falscher Ernährung op där anerer Säit. Duerfir ass et immens wichteg, dass de Stat endlech op deem Plang aktiv gestalteresch virgeet. Et ass duerfir begrëssenswäert, dass dës Problematik an dësem Gesetz och behandelt gëtt. Mä och hei geet d'Gesetz fir mech net wäit genuch an net méi wéi eng Absichtserklärung kann een an deem ganzen Text sichen.

Zréck awer nach eng Kéier zum Schoulsport. Aus menger 14-jähriger Tätigkeet als Prof an engem Lycée technique weess ech, dass de Sport oft net mat der néideger Seriositéit éischters emol respektéiert gëtt an zweetens och duerchgefouert gëtt. Hei mengen ech si mer och net wäit ewech vun engem sportleche PISA-Debakel. Duerfir muss mer och endlech an deem Beräich eng seriö Debatt iwwert de Stellwäert vum Sport an der Schoul féieren.

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **M. Henri Kox (DÉI GRÉNG).** - Dës souwuel an der Primärschoul wéi an de Lycéeen.

Duerfir erlaabt ech mer erlaabt, am Numm vun der Grénger Partei eng Motioun auszuschaffen, déi d'Regierung opfuert, de Stellwäert vum Schoulsport nei ze iwwerdenken an de preventive Charakter vum Schoulsport, besonnesch am Zesummenhang mam Bewegungsmangel an dem lwwergewicht vun eise Kanner a Jugendlechen, nei ze evaluéieren an entspre-

chend Handlungsfelder ze definéieren an ëmzesetzen.

Motion 1

La Chambre des Députés,

- *considérant que l'activité physique est élémentaire pour permettre le développement physique, moteur, psychique et intellectuel chez l'enfant;*

- *considérant que le sport est un excellent moyen d'intégration qui favorise la cohésion sociale et engendre des sentiments d'appartenance à la collectivité;*

- *considérant qu'une hausse sensible de l'obésité peut être constatée chez les jeunes et que ce phénomène risque de devenir un des plus grands problèmes de santé du 21^e siècle;*

- *considérant que notre culture d'alimentation couplée à une sédentarisation importante des loisirs des jeunes conduit effectivement à la surcharge pondérale;*

invite le Gouvernement

- *à reconsidérer l'importance du sport à l'école et à réévaluer le caractère préventif du sport sur la santé des enfants et des adolescents;*

- *à redéfinir et à mettre en œuvre les domaines d'activités qui créeront les conditions qui permettent de lutter contre l'inactivité physique et l'obésité chez les jeunes.*

(s.) Henri Kox, Claude Adam, François Bausch, Camille Gira, Viviane Loschetter.

■ **M. le Président.** - Merci.

■ **M. Henri Kox (DÉI GRÉNG).** - Här President, Dir Dammen an Dir Härren, erlaabt mer nach zum Schluss op e weideren Aspekt vum Sport am Zesummenhang mat der Schoul anzegoen, méi speziell déi parascolaire Aktivitéite wéi d'LASEP an d'LASEL. Dës parascolaire Aktivitéite sinn e ganz wichtegt Instrument fir de Kanner an de Jugendlechen iwwert den normale Schoulsport eraus weider interessant sportlech Aktivitéiten unzëbiden an de Goût, fir Sport ze maachen, weiderzeentwéckelen. Des Weidere stellen déi Aktivitéiten eng ganz wichteg Bréck tëschent de Veräiner hier a bidden en idealen Terrain, fir talentéiert Sportler ze entdecken a vläicht weiderzeverméttelen an ze fördern.

Dësen Idealfall gëllt awer leider net fir all Gemenge respektiv Lycéeen. Et ass oft dem Zoufall iwwerlooss, ob eppes an enger Gemeng leeft oder net. Mat engem optimalen, flächendeckenden, deels regional organiséierten Ugebot u parascolairen Aktivitéite kéint de Kanner wéi der Sportswelt e groussen Déngscht geleeschet ginn, ouni déi sensibel Autonomie vun der Sportswelt unzetaaschten.

Duerfir bitt dëst neit Sportsgesetz och hei d'Geleeënheet, zesumme mat den Acteuren um Terrain, déi jo oft och am Bénévolat déi Aktiounen duerchféieren, de Rôle vum Stat bei der Orientatioun, der Koordination, der Ënnerstëtzung an dem Encouragement am Zesummenhang vun de parascolairen Aktivitéiten ze evaluéieren an och hei nei Handlungsfelder ze definéieren an ëmzesetzen.

Duerfir erlaabt mer, dass ech eng zweet Motioun déposéieren, fir grad och do d'Regierung opzufuerderen, sech zesumme mat den Acteuren un en Dësch ze setzen an d'Evaluatioun vun de parascolairen Aktivitéiten ze ënnersichen.

Motion 2

La Chambre des Députés,

- *considérant le rôle important que jouent la LASEP et la LASEL auprès des enfants et des adolescents en organisant et en développant la pratique des sports à travers leurs activités parascolaires;*

- *considérant leur position privilégiée, entre l'école et les associa-*

tions sportives, pour détecter d'éventuels talents sportifs parmi les jeunes et ensuite les orienter vers les disciplines sportives qui leur conviennent le mieux;

- considérant que de grandes disparités existent dans l'offre d'activités sportives à travers les différentes communes ou régions de notre pays;

invite le Gouvernement

- à évaluer le rôle de l'État dans l'orientation et la coordination des activités parascolaires sportives;

- à redéfinir et à mettre en oeuvre, avec l'ensemble des acteurs du terrain, les domaines d'activités sportives afin de détecter les nouveaux défis sportifs parascolaires.

(s.) Henri Kox, Claude Adam, François Bausch, Camille Gira, Viviane Loschetter.

Bon, domadder sinn ech um Schluss vu menger Interventioun ukomm. Wéi schonn am Virfeld gesot, bréngen ech den Accord vu menger Fraktioun zum Sports-gesetz heimat eran. Ech freeë mech schonns, nom Triathlon vu Remerschen an nom Gesondheetslaf vun lechnach op déi nächst sportlech Kompetitioun mat eisem Sportsminister an op eng nächst sportlech Kompetitioun tëschent all de Memberen hei aus der Chamber.

Merci.

Plusieurs voix. - Très bien.

M. le Président. - Nom Här Kox huet dann den Här Jaerling d'Wuert. Här Jaerling, wann ech glift.

M. Aly Jaerling (ADR). - Mäi léifst Thema!

M. le Président. - Dir sidd fir 30 Minutten ageschriwwen, Här Jaerling.

M. Aly Jaerling (ADR). - Jo, déi packen ech gutt.

(Interruption)

Une voix. - En ass duerch-trainéiert.

M. Aly Jaerling (ADR). - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, erlaabt mer och fir d'éischt dem Här Bodry fir säin ausféierleche Rapport Merci ze soen.

Den Haaptgesichtspunkt, no deem mer dat heite Gesetz gesinn, ass sozialpolitescher Natur, mä mir gesinn et awer och ënnert dem wichtegen Aspekt vun der öffentlecher Gesondheet. Leider leet dëst Gesetz säi Schwéierpunkt haaptsächlech op d'Förderung vum sou genannten Elitesport. Et ass och just do, wou et säi gréisstendeels deklarative Charakter opgëtt a konkret gëtt. Do leien och déi wesentlech Neierungen. Dat meescht, wat par rapport vum 1976er Gesetz ännert, gëtt iwwregens schonn haut am Alldag vum Sport praktizéiert.

Här President, déi Europäesch Kommissioun huet alarméiert festgestallt, dass ronn 200 Milliounen Bierger an der Unioun un Iwwergewicht leiden. Wann d'Haaptursach dovunner nieft enger net adaptéierter Ernährung de Bewegungsmangel an eiser moderner Sëtze-gesellschaft ass, dann hu mer als Politik eis eiser Verantwortung ze stellen. Ech weess, vu wat dass ech schwätzen! Dëst ëmsou méi, well och ëmmer méi Kanner ënnert de genannte Problemer ze leiden hunn.

Ech denken, dass wann et eleng ëm Erwuessener géif goen, da kéint een doriwwer streiden, ob d'Allgemengheet, also de Stat sollt sech do aktiv amänschen. Mir sinn eng fräi Gesellschaft, an als Erwuessene misst ee grouss an al genuch sinn, fir ze wëssen, wéi ee gutt leeft oder wéi ee muss liewen. Ech sinn e liewegt Beispill dovun, wéi een et net soll maachen.

(Hilarité)

Et gëtt awer nach deen een oder deen anere Sumo-Ringer weider heibannen. Ech sinn net deen een-zegen!

(Interruption)

Bei de Kanner awer handelt et sech ëm d'Zukunft vun eiser Gesellschaft, a si kënnen net wielen. Si ginn eragebuer an eng Gesellschaft, déi a villem net méi ganz gesond ass. Eis Kanner wäerte mat de Konsequenze vun deem ongesonde Liewensstil, an dee si eragebuer ginn, muss liewen an a spéidere Joren nach ellen ze kämpfen hunn, fir dat riichtzebéien, wat mir a mat eisem deelweis onverantwortleche Liewensstil un hinne verbrach hunn.

Une voix. - Sou ass et!

M. Aly Jaerling (ADR). - Et mécht eis besonnesch Suergen, dass hautdësdays bei Kanner a Jugendlecher Krankheeten zouhuele wéi Bluthéichdrock, Häerz-erkrankungen, Deformatiounen vum Bewegungsapparat a virun allem Diabetes vum Typ 2, eng Krankheet, déi fréier als Altersdiabetes bezeechent ginn ass. Dozou gesellen sech nach wuessend motoresch Defiziter a Koordinatiounsproblemer.

Aus der Fuerschung iwwert d'Léiere wësse mer jo ganz kloer, dass tëscht Kierperbeherrschung, kierperlechem Wuelbefannen a Léierverméigen en enken Zesummenhank besteet.

Mir wëssen awer och, an dorobber wëll ech hei explizit opmierksam maachen, dass et sech beim wuesende Bewegungsmangel och ëm e soziale Problem kann handelen. Obésitéit a Bewegungsmangel ginn oft zesumme mat Aarmut a schlechte Bildungsvoraussetzungen aus dem Elternhaus verbonden. Mat dese Gesondheetsproblemer gëtt en zousätzleche Problem vu sozialer Exclusion geshafen a grad bei Kanner weien esou kierperlech Benodeelegunge ganz schwéier. Hei sti mer als politesch Verantwortlech vun eiser Gesellschaft virun enger grousser gesondheetspolitescher Erausfuerrung.

Dowéinst begréisst den ADR ausdrécklech, dass dëst Gesetz och fir d'Éducation préscolaire an d'Éducation précoce, déi sech jo ëmmer méi an eiser Gesellschaft duerchsetzt, d'physische Aktivitéit obligatoresch mécht. An eiser Sëtze-, Computer-, Video- an Tëleesgesellschaft heescht et schonns bei deene Jéngsten den Hiewel preventiv...

(Interruption)

An Autosgesellschaft! Do hutt Der och Recht.

D'Bewegung a virun allem d'Freed u sportlecher Aktivitéit muss schonn a jéngste Joren intensiv gefördert ginn. Dofir begrësse mer och déi nei Obligatioun hei ausdrécklech. Besonnesch och well déi gewielte Formel flexibel genuch ass fir mat de personellen an infrastrukturelle Realitéiten an eise Gemenge gutt eens ze ginn.

Virum aganks ernimmt gesondheetspoliteschen Hannergrond begrësse mer och de Fait, dass am Artikel 5 vum Gesetz Stat a Gemenge verfléicht gi gesondheetlech preventiv Programmer duerch de Sport ze ënnerstëtzen.

Dat war eng traditionell Fuerderung vum ADR an déi hat mam Dokter Jean Colomba hire ferventeste Verfechter. Mir bedauern awer, dass et just bei deser Deklaratioun am Gesetz bleift an dass se net konkretiséiert ginn ass.

Wat heescht dat zum Beispill konkret, dass de Stat an d'Gemengen «soutiennent des programmes de préservation de la santé par le sport»? Wéi soll dat geschéien? Duerch wat fir eng Organer an Institutiounen? Bis zu wat fir engem Käschtepunkt? Firwat gëtt dofir net

an Zukunft e konkrete Budgets-posten agesat oder eng Kommissioun, déi esou Programmer kënn aus-schaffen?

An et kéint ee weider esou Froen opwerfen. Dëst Gesetz gëtt op esou Froen awer keng Äntwert. Do hätt ee vill méi wäit kënnen goen, jo souguer vill méi wäit misse goen!

Wann een däitsch Statistiken hei op Lëtzebuerg kann iwwerdroen, da bewegen sech d'Büro-mënschen hautdësdays aktiv nëmmen 20 bis 25 Minutten den Dag. Dobäi réit de Sportsmedeziner dëser Kategorie Leit zu zwou- bis dräimol d'Woch bis minimum 30 bis 45 Minutten Ausdauersport wéi lafen, Vëlofueren oder schwammen oder soss Sportarten.

Bei eisem däitschen Noper ginn d'Käschte vun der moderner Sëtze-gesellschaft, wéi ech se nennen, op zeg Milliarden Euro geschat. Dës duerch Bewegungsmangel provoziert Käschte fir d'Allgemengheet entstinn duerch bestëmmte Formen vum Diabetes, Réckproblemer, Iwwergewicht- an Häerz-Kreislaf-Problemer.

Ech sinn der Iwwerzeegung, dass, wa mer den Artikel 4 (1) vun deemem Gesetz iwwert d'Obligatioun vu Sport am Précoce an am Préscolaire effektiv notzen an ëmsetzen, dëst e grouss Schrëtt fir d'Preventivmedezin bedeit, esou wéi den Dokter Colomba dat hei ëmmer erëm gefuerdert hat, a wéi hien dat och an enger Proposition de loi am Spierkel 2003 konkretiséiert huet.

Une voix. - Très bien!

(Interruption)

M. Aly Jaerling (ADR). - Jo, Leeschtungssport ass net esou einfach.

Här President, dass sech e gesunde Liewensstil, zu deem regelméisseg kierperlech Aktivitéit gehéieren, rentéiert, dat hu Laangzäit-étude beluecht. Ech zitieren hei just eng Etüd vun der Stanford University, wou den James Fries zwou Gruppe suivéiert huet. Um Ufank vum Pensiounsalter huet d'Grupp vun den iwwergewichtege Fëmmerte mat Bewegungsmangel duebel esou heefeg Hëllef am Alldag gebraucht, wéi d'Grupp vun de schlanken, Sport dreiwenden net Fëmmerten. Altersbedéngt Aschränkunge sinn an der Sport dreiwender Grupp och eréischt bis sechs Joer méi spéit fir d'éischt agetratt.

An dat muss och d'Zil vun der Preventivmedezin duerch de Sport sinn: D'Leit zu engem Liewensstil animéieren, dee se esou laang wéi méiglech gesond hält. Dofir begrësse mir och ausdrécklech den Artikel 1 vum Gesetz, deen ee fir alle Mol festhält, dass de Sport d'Intérêt général ass an dass jiddereen d'Recht op seng Ausübung huet, mam Zousaz awer leider «dans la limite des facilités matérielles existantes».

Ech mengen, et ginn eis ëmmer duerch finanziell Contrainté Grenze gesat, wa mer wëllen an de Mënsch investéieren.

Dësen Zousaz féiert mech awer och dozou, alt erëm eng Kéier op e gravéierende Mangel an de Lëtzebuenger Sportinfrastrukturen hinweisen. Ech hunn hei an deem Sënn schonns den Hierscht 2002 intervenéiert an och eng Motioun zur Ofstëmmung bruecht. Meng Fraktioun huet doranner d'Regierung opgefuerdert am Programme directeur d'équipements sportifs e Keelen- a Bowlingcenter virzege-sinn. 2004 hat ech an enger Question parlementaire nach eng Kéier nogehaakt.

De leschte Samschdeg huet den Här Sportsminister um Kongress vun de Keelesportler bei 500 Leit eng kleng Ouverture gemaach,

eng Ouverture fir e Keelesportcenter an de Plan quinquennal vun de Sportinfrastrukture mat nach aneren Infrastrukturen ze integréieren.

Den internationale Keelesport gehéiert engersäits zu enger sportlecher Disziplin, déi am COSL unerkannt ass. De Keelesport ass och déi Sportart, déi hei am Land déi meeschte Weltmeeschtertitele mat heembruecht huet, an dat souwuel am individuelle wéi am Mannschaftssport.

(Interruptions)

Wat gëtt et fir e Land méi Wäertvolles am Sport wéi e Weltmeeschtertitel?

Et gëtt do derniewent awer och näischt méi Aarmséileges wéi e Land, wat dës Titelen net emol offiziell unerkennt.

Den Hobbykeelesport ass eng sportlech Distraktioun fir vill Leit, déi sech déi méi deier Sportarten net leeschte kënnen. Et ass do derniewent nach e kulturellt Zesummentreffe vu Leit aus allen Natiounen, wat och hëlleft den Integrationsprozess ze fördern.

De Bowling, eng aner Aart Keelesport, deen och an d'Keelefederatioun integréiert ass, ass drop an drun olympesch ze ginn. Och an deem Beräich hu mer eng Rei ausseruerdentlech Sportler, déi, wann et esou wäit ass, och prett si fir eis eng zweet Medail vun den Olympesche Spiller mat heemzebréngen. Dofir brauchen se awer deen néidegen infrastrukturellen Encadrement an déiselwecht Viraussetzungen, wéi all aner Sportler och.

Här President, och op aner Defiziter an der sportlecher Fräizäitinfrastruktur, grad am dicht bevölkertste Süde vum Land, weisen ech och schonn zënter Joren hin. An ech denken hei besonnesch un d'Offer vun oppene Schwemmen. Dat huet sech eréischt dëst Joer mat der jorelaanger erwaarter Réouverture vun der Rodanger Schwemm e bësse geännert.

Ech kommen awer elo zu Punkten, a besonnesch Exceptionen, déi dëst Gesetz schaaft, mat deenen ech net d'accord ka sinn. Dat sinn éischstens emol d'Derogatiounen zum Aarbechtsrecht an zweetens eng oppen Atteinte vum Prinzip vun der Gläichheet vun de Bierger virum Gesetz. An dat och nach, nodeems der Opposition formelle Rechnung gedroe gouf.

Zu Punkt 1: Mat sengem 22. Artikel versicht dëst Gesetz de sou genannte legale „fou“, dee bis elo am Beräich vun de bezuelten Traineren a Sportler geherrscht huet, ze léisen. Dat gëtt gemaach, andeems formell Exceptionen zum Aarbechtsrecht legaliséiert ginn. An dat ass fir mech inakzeptabel.

Et gëtt hei erméiglecht, Aarbechtskontrakter à durée déterminée ze maachen, déi eng Lafzäit vu méi wéi 24 Méint hunn an déi och méi wéi 2-mol erneiert kënnen ginn. Dat ass elo schonn déi siwent legaliséiert Atteinte vun de Regele vum 1998er Gesetz iwwert d'befrist Aarbechtskontrakter.

Befrist Aarbechstvertrag solle just, a mussen dat och bleiwen, Vertrag fir aussergewöhnlech Situatiounen sinn. De Contrat à durée déterminée ass per Definitioun schonns den Ausdrock vun engem prekäre Beschäftigungsverhältnis.

Ech stelle fest, dass dës prekär Beschäftigungsverhältnisse zu Lëtzebuerg zouhuelen. An ech stelle fest, dass dëst Gesetz e weideren Nol am Sarg vum exception-nellé Charakter vu befristeten Aarbechtsvertrag ass.

Mat deem Gesetz wäert de Contrat à durée déterminée d'Regel am Sportssektor ginn. Dat, nodeems e schonn am Schoulsektor vum Préscolaire bis an de Supérieur duerch esou legal Derogatiounen omnipresent ginn ass. An ech erënnern drun, dass och fir de Pool vun Educateuren, déi e psychosozialen Encadrement vu Chô-

meuren assuréiere sollen, esou Exceptionen zougelooos goufen.

Déi kloer Philosophie vum 1989^{er} Gesetz iwwert d'Aarbechtskontrakter gëtt an der Praxis grad op staatlecher Säit ëmmer méi opgeweecht. Dat ass Sozialofbau am Konkreten. Dat ass ee vun deene Grënn, firwat ech deemem Gesetz net einfach esou zoustëmme kann.

Dobäi besteet a mengen Ae fir esou Exceptionen och am professionelle Sportsberäich keng wirkleche Noutwendegkeet. Och Kontrakter, déi à durée indéterminée ofgeschloss goufen, kënnen de Particularitéit vun deem Sektor gemäss flexibel gehandhaabt ginn.

E Contrat à durée indéterminée kann ëmmer de commun accord gekënnegt ginn. Wann en eesäiteg gekënnegt gëtt, da mussen déi gesetzlech Kënnegungsfriste respektéiert ginn an da mussen déi spillen, a soss näischt anescht.

Här President, ech schléissen of mat eisem zweeten Haaptkritikpunkt; e Punkt, wou de Statsrot mat enger Opposition formelle gedréit huet. Dëst weinst der Violatioun vun engem fundamentale Prinzip an engem Rechtsstat.

Eng generell Astellungsprioritéit soll mat deemem Gesetz fir sou genannten Elitesportler geschaf ginn. Dat trëppelt de Prinzip vun der Gläichheet vun de Bierger virum Gesetz mat Féiss. Och wann dunn den Zousaz koom, dass dat net fir Plaze gëllt, wou en Examensconcours am Virfeld muss gemaach ginn.

De jure gesäit dat elo vläicht besser aus, mä de Wëllen, dass se par rapport zu Gläich- an esouguer Besserqualifizéierte Prioritéit genëssen, bleift kloer bestoen.

A mir wësse jo och, wéi dës Examensconcours beim Stat heiansdo gehandhaabt ginn. Dass do de Kandidat gläich Chancé just virgegaukelt ginn. Mä dass de Mérite, d'Plazierung guer näischt doriwwer seet, wien da schliesselech eng Plaz kritt.

De wichtegste Kritär ass oft d'Parteikaart, respektiv geleschten Déngschter fir eng vun deene jee-weilege Regierungsparteien. A wann een dat weess, da weess een och wou ee sech deen Zousaz, deen op Droch vum Statsrot hei erakom, hei zu Lëtzebuerg kann histiechen.

Frot lech just emol, wou verschiddenen Attachéer vun enger bestëmmter Fraktioun no de Wahlen hi verschwonne sinn. Deelweis scho virun dem leschte Statsexamen waren se a verschiddene Ministären en place. Den Examen war just nach eng Formalitéit. Dat nennt een Onrechtsstat, dat nennt een net Rechtsstat.

D'Ongläichheet virum Gesetz hei zu Lëtzebuerg kënn an deem Gesetz hei och onverschimmt zum Virschäin. Iwwerhaupt ass d'Gesetz och völeg onkloer, wat dann elo en Elitesportler soll sinn. E gëtt net kloer definéiert. Et gëtt just op de COSL higewisen, wann deen engem seng sportlech Qualifikatioun unerkennt.

(Interruption)

Ech hunn de COSL net a Fro gestallt. Ech wëll just soen, dass hei an deemem Gesetz d'Kritären, wien en Elitesportler ass, net kloer virgesi sinn, an och beim COSL kënn dat net esou kloer zum Virschäin.

Dann ass een en Elitesportler, wann ee vum COSL unerkannt gëtt, an da kann ee vun deeneselwechten Avantagen, déi dëst Gesetz fir dës bestëmmte Minoritéit schaaft, profitéieren. Dat ass alles anescht wéi ee gudden Text.

Op deem Punkt kann et nach garantéiert sellege Contestatiounen ginn.

Dës arbiträr, eesäiteg, elitär a favoritistesche Ausrichtung vum neie Sportgesetz ass einfach net akzeptabel.

Och wat de Bénévolut am Sport ugeet, deem iwwregens net definiéiert gëtt a wou et just heescht, de Stat géng deem ënnerstëtzen, gesi mer e gewaltegen Defizit an deemem Gesetz.

Bis op de Congé sportif. Dat ass déi eenzeg konkret Mesure, déi fir d'Bénévolat an deem Gesetz dran ass a wou d'Bénéficiairë vun dëser Mesure definiéiert ginn.

An och hei ass den elitäre Charakter net ze iwwersinn. Et gëtt dëse Congé just fir Jugen an Arbitren um internationale Plang. Dat ass fir Elitesportler an hiert Encadrementpersonal och net grad e Fortschritt. Den Asaz fir de Sport um lokalen an nationale Plang zielt net.

Ech kann hei just d'Regierungsparteien zu Folgendem opfuerderen: Si sollen de Bénévolutsproblem, wa schonn net spezifesch fir de Sport an deemem Gesetz, da weinstens awer allgemeng an en anert spezifesch Gesetz apaken. An dofir wëll ech dann och hei eng Motion deponéieren, fir d'Regierung opzufuerderen, an déi Richtung ze goen.

Motion 3

D'Volksvertriederkummer,

- *gesäit am Bénévolut en onverzichtbaart Element vum gudde Fonctionnement vun eiser Gesellschaft an alle Beräicher;*

- *begréisst, datt dat neit Sportsgesetz d'öffentlech Hand verpflichtet de Bénévolut am Sportsberäich ze ënnerstëtzen;*

- *ass iwwerzeegt vun der Noutwendegkeet, d'éierenamtlech Aarbecht am associativë Beräich ganz allgemeng, an net nëmmen am Sportsberäich, duerch e favorable sozialen a legale Kontext ze fördern;*

- *erënnert un d'«Proposition de loi portant institution d'un congé associatif» vum 6. am Chrëschtmount 2000;*

fuerdert d'Regierung op

- *der Volksvertriederkummer e kohärent Konzept fir d'Förderung vum Volontariat virzeleeën;*

- *den associativë Secteur als legitime Gespëchspartner am politeschen Entscheedungsprozess ze berücksichtegen;*

- *eng öffentlech Promotiounscampagne op d'Been ze stellen, déi den éierenamtlechen Engagement vum de Bierger valoriséiert;*

- *e sou genannten «congé associatif» anzeféieren, vergläichbar dem «congé sportif»;*

- *de legislativen, fiskalen a budgetäre Kader vum éierenamtlechen Engagement ze verbessern, haaptsächlech duerch Infrastrukturen, déi zur Verfügung gestallt ginn, duerch d'sozial Ofsécherung vu Bénévolen an duerch d'Réckerstattung vun de Käschen, déi hinnen an hirer Tätegkeet entstinn.*

(s.) *Aly Jaerling, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp, Robert Mehlen.*

Här President, wann och eng Rëtsch gutt Intentionen an deemem Gesetz ze erkenne sinn, kann ech dëst Gesetz dach net esou einfach matstëmmen. Dëst Gesetz weist eng sëllege Lacunen op, net nëmme wat de Bénévolut oder d'Förderung vum Breedessport ugeet; et ass a ville Punkten onkloer an onprezis. Et violéiert esouguer de fundamentale Rechtsprinzip vun der Gläichheet virum Gesetz bei Astellung beim Stat. An et legaliséiert alt erëm Derogatiounen zum normalen Aarbechtsrecht.

(M. Lucien Weiler reprend la Présidence)

Ech stëmmen kee Gesetz, wat Derogatiounen zum Aarbechtsrecht mat sech bréngt, an ech stëmmen och kee Gesetz, wou d'Chancëgläichheet um Aarbechtsmaart bradiert gëtt.

Et kann net sinn, datt gesond an deelweis scho verhätschelt Athle-

ten och nach de Virrang kréie virum all deenen aneren Demandeurs d'emploi, déi keng Zehnkämpfer sinn.

Et ass scho schlëmm genuch, datt a verschiddene Beräicher d'Parteikaart an d'Dozougehéieren zu engem Sportsveräin méi en héije Wäert hu wéi Leeschtung a Qualifikatioun.

Mir hunn an eiser Arméi eng Sportssektioun, an déi sech all Elitesportler ka mellen an doduerch schonn eng Rei Virdeeler kritt. Dofir brauche mer net nach weider Privilegien ze schafen.

Mir schwätzen an deemem Haus ëmmer méi oft vu Chancëgläichheet. Mat deemem Gesetz gëtt d'Chancëgläichheet mat Féiss getréppelt. Wann Der vu Chancëgläichheet schwätzt, da wann ech gelift fir jiddfereen. An da mengt och wann ech gelift dat, wat Der sot. Soss sot wann ech gelift hei näischt méi iwwer Chancëgläichheet.

Ech soen lech Merci.

■ **Une voix.** - Très bien.

■ **M. le Président.** - Merci, Här Jaerling. Den Här Hauptert huet nach d'Wuert gefrot. Honorablen Här Hauptert, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Norbert Hauptert (CSV).** - Här President, ee Gléck datt ech nach nom Här Jaerling hei ka schwätzen, soss hätten d'Leit dobaussen op eemol d'Impressioun, wéi wann een Héichelitesportler an den Elitesport wierklech bei eis am Land verpönt géife ginn. Mä nodeem datt den Här Jaerling awer wierklech op den Detail vum Gesetz agaang ass, kann ech mech mat e weínege méi allgemenge Considératiounen iwwert dat Gesetz hei ofginn.

Ech mengen, ech wëllt awer ufanks dem Rapporteur, dem Här Bodry, félicitéiere fir deen ausféierleche Rapport an him besonnesch Merci soen, well en a senger Foncioun als fréiere Sportsminister wesentlech och zu deemem Gesetz hei bäigedroen huet, an datt mer och zu där Zäit eng flott Kollaboratioun, wat d'Elaboratioun vun deemem Text ubelaangt, haten.

De Projet 4766 gesäit ee Kadergesetz fir de Lëtzebuurger Sport vir. Wéi dat bestehend Gesetz, an den Här Bodry huet drop higewisen, et staamt scho vun 1976, baséiert dëse Projet och op zwee wichtege Prinzipien, wat d'Organisatioun vum Sport an eiser fréier Gesellschaft ubelaangt: de Prinzip vun der Autonomie vun dem Mouvement sportif an de Prinzip vun der Subsidiaritéit, wat d'Roll vun den öffentlechen Instanzen am Sport ubelaangt.

De Mouvement sportif mat senger Veräiner, de Federatiounen an och mat sengem Daachverband, dem COSL, soll d'Sportgeschehen an eise Land eegestänneg féieren an och organiséieren. De Stat an d'Gemenge sollen nëmmen do intervenéieren, wou dem Mouvement sportif seng Kompetenzen a Mëttel net méi duerginn, an dat nom Prinzip „esou vill Stat wéi néideg an esou weínege Stat wéi nëmme méiglech“.

De Projet 4766 iwwerhält och verschidden Dispositiounen, déi schonn am Gesetz vun 1976 enthalen sinn, bréngt awer och eng Rei vu wichtige neien Elementer an eis Gesetzgebung eran, wéi zum Beispill déi vum Kampf géint den Doping, vum Tribunal arbitral fir de Sport, der Regelung vum Aarbechtsrecht vun de professionellen Trainer a Sportler, déi an eise Veräiner tätig sinn, a spezifesch Ënnerstützungsmoosname fir d'Elitesportler.

Här President, och wann den Elitesport d'Aushängeschëld no Blause vum Sport duerstellt, well hien déi grouss Mass begeeschtert an d'Schlagzeile vun der Sportsrubrik vu de Medie monopoliséiert, esou muss een awer, wann ee vu Sportspolitik schwätzt, de Sport ënner all

senge Facetten an an all sengen Dimensionsen betruechten. Dëst sinn de Sport als gesondheetsfördernde Facteur, wann e mat Mooss bedriwwen gëtt, de Sport a senger sozialer Dimensioun, an dat souwuel wat den aktive wéi och de passive Sport ubelaangt, de Sport als Integratiouns- a Resozialisationsfacteur, de Sport als Erzéiungsfacteur, a last but not least de Sport a senger wirtschaftlecher Dimensioun wat d'Schaffung vun Entrepreneuren an Aarbechtsplazen ubelaangt.

■ **Une voix.** - Très bien.

■ **M. Norbert Hauptert (CSV).** - Här President, an eiser Gesellschaft, déi duerch en iwwerméissege Sédentarisme - a verschidde vu menge Virriedner, d'Madame Flesch an den Här Kox a souguer den Här Jaerling hunn drop higewisen -, also eis Gesellschaft...

■ **Une voix.** - Besonnesch, net souguer.

■ **M. Norbert Hauptert (CSV).** - Ben, hie besonnesch.

Also an eiser Gesellschaft, déi duerch dee Sédentarisme geprägt ass, muss de Sport als Erzéiungsfacteur eng méi grouss Roll spille wéi dat bis elo de Fall war. Wann de Sportsminister och keng direkt Kompetenzen huet, wat de Schoul-sport ubelaangt, esou muss hien als responsabele Regierungsmember fir de Sport säi ganz Bestrieuwen asetzen, fir datt an Zukunft eis Jugend duerch de Sport zu gesonde Bierger eropwiisst, déi hir Roll an eiser Gesellschaft meeschtere kënnen a besonnesch d'Interesse vun eise Land an der globaliséierter Welt vertrieed kënnen.

D'Kollegin Françoise Hetto an och den Här Kox hu virdrun op dat chronescht Iwwergewicht vun eise Kanner higewisen. Dëst kënnt zum Deel duerch eng falsch Ernährung, awer och a besonnesch duerch e Manktum u Bewegung. Eis Kanner hu gréisstendeels verléiert, an der fréier Natur ze spillen an ze Fouss oder mam Vélo an d'Schoul ze goe respektiv ze fueren. No der Schoul sëtzen se allze oft a vill ze laang virun der Televisioun oder dem Computer.

■ **Une voix.** - Dat ass wouer.

■ **M. Norbert Hauptert (CSV).** - Sécher fanne mer nieft der Schoul och am privat organiséierte Sport a souguer a kommerzielle Betriber an an öffentleche Strukturen e breiet Angebot fir physisch Betätigungen, awer net all Kand mécht fräiwëlleg vun deem Angebot Gebrauch, an déi am weínegst, déi et am néidegsten hätten. Hei ass d'Schoul gefuerdert fir dee Manktum u Bewegung vun eise Kanner ze kompenséieren.

Ech weess, datt eis Schoulprogrammer schonn iwwerlaascht sinn, an d'Enseignantë vun all Fach mengen, hiert Fach misst nach méi Plaz an de Schoulprogrammer kréien. Hei muss mer awer wësse wat mer wëllen. Ass eise Kanner genotzt, wa se zwar vill Wësse mat op de Wee kréien, awer keng Energie fannen, fir dat Wëssen oder fir hiert Wësse wäertvoll émsesetzen? Och an de Schoulprogrammer muss mer verstoen, Prioritéiten ze setzen, wa mer aus eise Kanner selbstänneg Bierger wëlle maachen. Et geet jo ëm eis Kanner an net ëm déi verschidde Fächer.

An deem Sënn muss och am Kader vun enger Ganzdagsschoul oder Ganztagsbetrieng - an d'Madame Flesch huet och schonn drop higewisen - eng besser Zesummenaarbecht tëschent Schoul a private Sportsassociatiounen, besonnesch am Primärunterricht ugestriift ginn. Esou eng Kollabo-

ration kéint mat Sécherheet dozou bäidroen, de Sport an der Schoul ze revaloriséieren, de Veräiner an hirer Aktivitéit entgéintzekommen, a besonnesch eise Kanner hëllefen zu gesonde Bierger eropzewuesen. Op deem Plang ziele mer besonnesch op eise Sportsminister, fir datt an Zukunft de Sport an der Erzéiung vun eise Kanner déi Plaz anhëlt, déi fir hir kierperlech Entwécklung onerlässelech ass.

Esou eng Zesummenaarbecht vu Schoul a Sportsveräiner kéint och deelweis dozou bäidroen, dee leidege Problem vun Bénévolut am Sport ze léisen. Mir sinn eis all bewosst, datt dee Problem sech op anere Pläng vun eiser Gesellschaft stellt. Och den Här Jaerling huet a senger Ried dorop higewisen. Eent steet fest: Ouni de Bénévolut kéint eist Zesummeliwen an der Gesellschaft bal net méi fonctionnéieren. Eleng déi dausenden an dausende Stonnen, déi vun den Dirigente vun eise Veräiner onentgeltlech geleescht ginn, stellen eng onschätzbar Kontributioun vun de Fräiwëllegen zu eise Gesellschaftsliewen duer, déi, wa se misste vu Professionelle geleescht ginn, eng schwéier Belaaschtung fir d'Budgete vun eise Stat a vun eise Gemenge géng duerstellen.

Esou eng Professionaliséierung géng zwar nei Aarbechtsplaze schafen, wat awer net onbedéngt de Problem vum Bénévolut géng léisen, deen awer fir d'Gedeie vun eise Gesellschaftsliewe vu grousser Wichtigkeet ass. Och eng forfaitaire Ofschreiwung vum besteierbaren Akommes vun den Onkäschen, déi dem Bénévölë bei der Ausübung vu senger Tätegkeet am Veräin operluecht ginn, hätt menger Meenung no - an do sinn ech mam Här Bodry d'accord - zu kenger valabler a scho guer net zu enger équitabler Léisung vum Problem gefouert, well jo nëmmen déi Leit dovun profitéiert hätten, déi Steiere bezuelen, an dat si mat Sécherheet net all eis Bénévoluter. Nieft dem administrativen Opwand, deen esou eng Moossmat sech bruecht hätt, hätt se och nach zu onnëtzten Ongerechtegkeeten an Onzefriddenheete gefouert, wat dem Bénévolut mat Sécherheet net gedéngt hätt.

Här President, a puncto Bénévolut wëllt ech hei awer och nach op e Mëssstand hiweisen, dee sech besonnesch an enger Sportart breet gemaach huet. Hei sti Leit Stonnen a Stonnen, Woch aus, Woch an, hirem Veräin onentgeltlech zur Verfügung fir Geld duerch Baler, Tomboelen an de Verkauf vu Thüringer an d'Keess ze bréngen, fir Sportler kënnen ze bezuelen, déi fir hire Pléséier zwee- bis dräimol an der Woch trainéieren a sonndes och nach eng Kompetitioun spillen. An anere Sportarten trainéieren d'Sportler all Dag ouni nëmmen een Euro ze kréien, an hir Leeschtunge sinn och nach international gesi vill besser wéi déi vun deenen Eischtgenannten.

Hei hu Mësstänn sech agebiergert, well deen een oder anere Veräin vorübergehend e Sponsor fonnt huet, dee säi perséinlechen Ego beim sportlechen Erfolleg vu senger Equipe befriddege konnt, deen awer, wann e säi Sponsoring agestellt huet, de Veräin mat eidele Hänne oder besser gesot mat eidele Keess zrëckgelooss huet, an deen da mat zousätzlechem Bénévolut huet misse versichen, dat Lach ze stoppen. Och esou Mësstänn droen net zur Förderung vum Bénévolut bäi. Déi Mësstänn kënnen awer net duerch e Gesetz geleist ginn. Hei muss de privat organiséierte Sport a besonnesch déi zoustänneg Federatioun selwer fir Uerdnung suergen.

Wann een allgemenge Problem vu Bénévolut an eiser Gesellschaft besteet, da muss versicht ginn, an Zesummenaarbecht tëschent öffentlechen Instanzen a private Veräiner - an ech mengen, den Här Kox huet och schonn drop higewisen -, eng Léisung hei erbäizeféieren. Hei huet de COSL an enger vu

senge Publikatiounen, dem „Flambeau“, e wichtegt Basisdokument ausgeschafft, dat valabel zu enger konstruktiver Diskussioun iwwert dee Problem kéint bäidroen.

Här President, eng wesentlech Neierung a Verbesserung vum Gesetz bréngen déi nei Moosnamen zu Gonschte vum Héichleesch-tungssport mat sech, déi den Här Jaerling awer vu sengem Standpunkt aus hei e weínege kritiséiert huet. Duerfir muss ech dat e weínege erëm riichtbéien.

Den Héichleesch-tungssport huet sech an deene leschte Joren ëmmer méi professionaliséiert - ech mengen datt ass e Fait, do hunn och scho meng Virriedner drop higewisen -, awer net an alle Sportarten besti professionell Strukturen, a besonnesch net all Elitesportler ass gewëllt fir säi Studium oder seng Aarbecht länger Zäit opzeginn, fir eng professionell Sports-carrière anzeschloen.

Dofir ass et och ze begrëissen, datt duerch dat neit Gesetz de Stat sech nach méi un de Moosname vum Mouvement sportif associéiert, fir den Elitesportler d'Méiglechkeet ze bidde während hirer sportlecher Carrière hire Sport op eng quasi professionell Manéier ausüben ze kënnen, an hir sozial a beruflech Agilidderung no hirer sportlecher Carrière hëlleft virzebe-reeden an ze assuréieren. Dës beruflech a sozial Rekonverssioun muss awer och fir de professionelle Sportler zielen. Dës Dispositiounen mussen awer nach mat Inhalter gefëllt ginn.

Net all Berufssportler a schonns guer net all Héichleesch-tungssportler verdéngt a senger kuerzer sportlecher Carrière genuch, fir sech duerno an d'Pensioun zrëckzezéien. Neen, déi meescht mussen sech no enger Aarbecht ëmkucken, fir hire Famill assuréieren an dee vun hirer Famill assuréieren ze kënnen. Hei huet d'Allgemengheet eng moralesch Verflüchtung. Schliesslech huet den Héichleesch-tungssportler och zum positiven Image vum Land bäigedroen a ville Leit an eiser Gesellschaft während Joren zu grousser Begeeschterung gehollef.

Wat déi aner Dispositiounen zugschichte vun Leeschtungssport ubelaangt, esou si meng Virriedner am Detail op déi Moosnamen agaangen, esou datt ech net nach eng Keier hei brauch dorobber zrëckzekommen.

Här President, als weider Erneierung hält de Projet de verstärkten Engagement vun dem Stat an dem Mouvement sportif sengem Kampf géint de Gebrauch vum Doping am Sport fest. Bis elo huet de Stat an de COSL am Kader fir d'éischt vum Comité national de lutte contre le dopage dans le sport, deen duerno Agence luxembourgeoise antidopage genannt ginn ass, e gemeinsame Kampf géint den Doping gefouert. De Stat huet d'Logistik fir den Dépistage vun den Dopingssënner gestallt an de Mouvement sportif huet iwwer seng eegen Instanze Strofe fir den erwëschte Sportler no der Strofe-skala vun de jeeweilegen internationale Verbänn ausgesprach.

De COSL huet sech ëm d'Iwwerwaachung vun dem Verhängen a vun der Ausféierung vun de Strofe gekëmmert an esou fir eng équitabel Ausleeung vun den Anti-Doping-Dispositiounen tëschent de Sportler vun alle Sportarten gesuergt. Fir déijéinege, déi dem Sportler den Doping verschafft oder administréiert hunn, ware keng direkt Strofe virgesinn. Si sinn ënnert d'Dispositiounen vun dem Gesetz iwwert d'pharmazeutesch Produkter gefall.

De Projet, dee mir hei virleien hunn, gesäit zolidd Strofe - a meng Virriedner, d'Madame Flesch an den Här Bodry, hu schonn drop higewisen - fir déijéinege vir, déi onerlaabt Dopingprodukter hiergestallt, verkauft oder transportéiert hunn, fir d'Dokteren, déi Doping fir de Ge-

brauch am Sport verschriwwen hunn, a besonnesch fir d'Soigneuren, déi de Sportler Dopingprodiiten administréiert hunn.

D'Gesetz gesäit awer keng Strofe fir de Sportler vir, deen an enger Kontroll erwëscht gëtt. De COSL war ëmmer der Meenung, datt dat eng Ugeleeënheet vum Sport wier, wou de Stat sech net soll amëschen. Well net nëmmen am Sport gëtt gedoppt, och an anere Beräicher vun eiser Gesellschaft, ouni datt déi Leit bestrooft ginn, an et geet jo schliesselech ëm hir Gesondheet.

Am Sport ass et awer esou, datt deejéinegen, dee sech dopt, net nëmme senger Gesondheet schuet, mä och d'Resultat vun der sportlecher Compétitioun an direktem Vergläich mat senge Konkurrenten, déi sech net gedopt hunn, verfälscht.

Une voix. - Très bien!

M. Norbert Hauptert (CSV). - Well et sech also ëm eng sportlech Ugeleeënheet handelt, war de COSL och ëmmer der Meenung, datt d'Dopingssënner am Sport misste sanktionéiert ginn, awer iwwert déi eegen Instanzen an no den eegene Regele vum Mouvement sportif.

Fir datt d'Sportler vu sämtleche Sportarten am Fall vun engem Dopingverstouss d'selwecht behandelt kéinte ginn, huet déi international Agence am Kampf géint den Doping versicht gläich Regele fir all Sportarten opzestellen.

Dat huet net all internationalem Verband an de Krom gepasst a si wollten sech hir eege Regele ginn. Bei Geleeënheet vun der Assemblée vun der internationaler Agence am Fréijoer a Kanada huet den deemolege President vum Sportministeschrot vun der Europäescher Unioun - eise Sportsminister - eng onmëssverständlech Positioun vun der Europäescher Unioun an dëser Ugeleeënheet vertratt, an deenen internationale Verbänn, déi gemengt hunn de Luussert kënnen ze spillen, de Krich ugekënnegt, woufir ech hien hei vun dëser Plaz aus och wëllt félicitéieren.

Här President, dat sinn e puer Bemierkungen, net nëmmen zum Sportsgesetz, awer doriwwer eraus zum Sport am Allgemengen, déi ech hei développéiere wollt. Och wann dat neit Gesetz an Zukunft net all Problemer an dem Sport wäert regelen, esou bréngt et dach eng Rei wesentlech Ännerungen an Erneuerunge fir de Sport, esou datt ee begrësse muss, dass no esou enger laanger Zäit de Projet endlech accouchéiert, woufir ech besonnesch de Sportsminister, awer och seng Mataarbechter an all déi Leit, déi bei der Ausscheidung vum Projet eng Hand ugepaakt hunn, vun dëser Plaz wëll félicitéieren.

Ech soen lech Merci fir d'Nolau-schteren.

Plusieurs voix. - Très bien!

M. le Président. - Merci, Här Hauptert. Dann ass als leschte Riedner virgesinn den Här Sportsminister Jeannot Krecké. Här Minister, Dir hutt d'Wuert.

M. Jeannot Krecké, Ministre des Sports. - Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, nodeem dass e fréiere bekannte Sportler, och nach President vum COSL an Deputéierten hei eng Rei Saache richtgebéit huet, fällt et mir méi einfach dat eent oder dat anert un lech ze bréngen.

Dir hutt et selwer gesinn, d'Madame Flesch huet et retracéiert an den Här Bodry ass drop agang: Déi Diskussioun hunn 1994 ugefaangen, mat engem Dépôt Februar 2001 ass et weidergaangen, fënnf Ministeren hunn un deem Gesetz do geschafft, plus all déi vill Mataarbechter.

Wéi ech ugetruede sinn, hat ech a mengem For intérieur d'Décisioun geholl, et misst elo duergoe mat diskutéieren an duergoe mat verhandelen. Ech hunn eng Optioun geholl, déi mer och net Leed deet, ech hunn nämlech gesot ech géing mat der Chamberskommissioun zesummeschaffen an ech géing mam Rapporteur enk zesummeschaffen, fir ze kucken dann zu engem Resultat ze kommen, nodeem dass mer laang, laang op e Resultat gewaart hunn.

An dofir muss ech soen, dass mer eis décidéiert haten déi Entscheedungen ze huelen. Duerch den Avis, deen de Conseil d'État eis dohinner geluecht huet, duerch Opposition-formellen, déi hie gemaach huet, hu mer missen Entscheedungen huelen an déi eng oder aner Richtung. Mir hu gesot, dass mer seng Propositionen, déi e gemaach huet, an och Saachen, déi a mengen eegene Kompetenze sinn, haaptsächlech mol nach géife kucken, an dann alles, wat doriwwer erausgeet a wat erm aner Administratiounen betraff hätt, erauszehalen. Net ze vergiessen, dass mer an enger Presidentschaft waren, an ech awer mäi Versprechen, dat doten an engem Joer ze maachen, trotzdeem wollt duerchéien.

Ech muss soen, et ass garantéiert méiglech wéi bei all Gesetzer nach e besseren Text ze kréien. Dir wësst, dass ech schonn eng Kéier gesot hunn - d'Madame Flesch huet et selwer gesot -, et wier vill schonn zerriet ginn. Meng Angscht war, et géing nach zerriet ginn. Et wier besser mol eng Rei Saachen, déi Besserungen déi dra sinn, ze festegen, déi mol festzeschreiwen an da kann een duerno iwwer Saache schwätzen.

Ech war elo zu Andorra an hunn do e Fall erlieft vun engem Spëtzesportler, dee verletzt gouf, deen Indépendant ass an deen elo an enger Situatioun ass, wou hie keen Akommes huet - an deem Mooss! Do sinn doudsécher Lacunen, déi mer de Moment hunn an déi ee misst opfellen.

Stellt lech awer elo vir, ech hätt elo gesot, okay, dat do hunn ech elo erkannt, elo fänke mer nach eng Kéier un iwwert d'Sozialversécherungen ze schwätzen. Da wiere mer erm fir dräi Joer fort gewiescht! Ech hu gemengt, mir sollen dat mol festegen, wat elo do ass an déi Problemer net vergiessen, déi hei ugeschnidde gi sinn an déi sécherlech - muss ech soen - och hire Stellerwäert hunn.

Den Här Jaerling ass net do, mä ech wollt him awer soen...

(Interruption)

Neen, neen, Dir sot em dat. Dat ass léif. Ech hunn dat net béisaarteg gemengt; ech hat dat net gesinn.

Mä hien huet esou vill géint Spëtzesportler geschwat. Ech kënnt him ganz vill Beispiller vu Leeschtungs-a Spëtzesportler weisen, déi awer wierklech hu misse leiden dorënner, dass si eist Land vertrueden hunn, dass si sech agesat hunn, fir an engem National-Equipe-s-Tricot unzetrieden. Zu Andorra hu se am Numm vun eise Land dee Sport gedriwwen, dee si sech eben herausgewielt haten, a mam Resultat, dass se elo perséinlech Abousen hunn.

Dofir gesinn ech net dee risegrousen Avantage, deen den Här Jaerling huet wëllen ausmaache bei de Spëtzesportler, deen déi hätten.

Wéi gesot, ech hunn déi Démarche mat der Chamber an haaptsächlech och mam Rapporteur gemaach, well ech wouss, dass hien och à la base dovunner war. D'Foto weist jo, dass dat laang gedauert huet. Am Artikel, deen Der gewisen hutt, si jo zwou Fotoen. Dass dat laang gedauert huet, dat gesäit een e bëssen - en ass mir net béis - un de Fotoen!

(Hilarité)

Ech war frou, dass vu mir net déi Foto vun haut an dann déi Foto vun deemools dra war, deemools wéi ech och schonn eng Kéier eppes mat deem Sportsgesetz ze dinn hat, nämlech dem Sportsgesetz vun 1976, wéi ech am Ministère geschafft hunn, war ech domat beoptraagt eng Rei Saachen ëmzesetzen, wat dat dote Gesetz beinhalt. Ech si frou, dass déi Foto net do ass, esou dass dat Vorher-Nachher mat mir net noutwendeg war.

(Interruption)

Ech wollt op e puer Punkten agoen, déi hei awer ervirgestrach gi sinn, an nach eng Kéier kloer ënnersträichen, dass fir mech et dräi, vläicht véier Beräicher gëtt, déi wichteg sinn an op déi ech mech och wäert achséieren. Dir sot mir: „Mir mieren nach net genuch dovunner.“ Dat eent ass awer de Schoulsport, well do alles ugeet, well do d'Basis geschäfe gëtt vun deem, wat soll geschéien.

Et ass net fir näischt, an ech kommen awer nach op e puer Elementer zrëck, dass mer och elo am Gesetz déi Education précocé, iwwert déi mer awer hei e bësse locker driwwer ewech ginn, dass do festgeschriwwen gëtt, dass mer eng Aufgab hunn, déi sou fréi wéi méiglech muss ufänken. Nämlech déi, déi Bewegungsméiglechkeeten de Kanner ze ginn, déi hinnen op anere Plaze feelen. A maacht lech näischt vir, och wa mer dat maachen, da brénge mer knapps fäerdeg dat ze redresséieren, wat se verluer hunn, doduerch dass se haut net déi Méiglechkeeten hunn, déi mir alleguerten haten, wéi mer jonk waren.

Dass dobäi Spaass muss entstoën, ass essentiel. Well mir kënnen net méi dekrétéieren, dass ee weiderhi Bewegung mécht, dass ee weiderhi Sport mécht, dass ee Spëtzesport oder Leeschtungssport mécht. Mir kënnen em just Spaass ginn. An ech mengen et war d'Françoise Hetto, wat gesot huet: Et ass wichteg, dass déi Leit dobäi sinn, dass se eppes maachen.

Dat ass ass dat wat mer musse fäerdeg bréngen, nämlech dass se duerno weiderfuere. An eis Gesellschaft ass nun eben esou opgebaut, dass vill, loosse mer soe Vakanzen, vill Loisirë ronderëm de Sport dréinen. Wann een do beispillsweis net ka schwammen, dann ass een ausgeschloss vun enger ganzer Rei Aktivitéiten, déi nun ebe stattfannen, wou d'Schwammen d'Basis ass.

An Dir dierft net vergiessen, dass do ronderëm dee Breedessport, vu Schoulsport erliwwer op Breedessport, dass do och ganz viles entstanen ass, wat mëttlerweil eng wirtschaftlech Aktivitéit duerstellt.

A schlussendlech ass de Leeschtungssport, an ech loosse mer dat net vermiesen, trotzdeem och fir eis ënnerstëtzenswäert. Ënnerstëtzenswäert aus deene Schwaachpunkten, déi ech virdrun unhand vun engem Beispill gewisen hunn, mä awer och well et d'Lokomotiv ass. Et ass d'Lokomotiv, fir dass aner Leit och dat do maachen. Déi beschte Reklamm ass sonder Zweifel, wa mer gutt Leeschtungssportler hunn. Besonnesch an eenzelne Sportarte gesäit een, dass dann automatesch och vill Leit an déi Richtung ginn.

Ee Wuert zum Stellerwäert, Här President. De Stellerwäert ass net dee vum Sport hei am Lëtzebuurger Land, trotz ville gudden Interventionen, déi ech haut héieren hunn hei. Ech mengen, en ass gepräegt duerch keng Polemik an duerch wierklech déif gräifend gutt argumentéiert Rieden, mä de Problem ass, dass dat dobausse vläicht a Sonndesriede ganz oft esou gesot gëtt, mä wann et drop ukënn - an am Schoulsport hu mer et heians-

do gesinn -, da sinn aner Saachen op eemol méi wichteg. An et ass richtig, wa mer an enger Zäit liewen, wou mer soen, iwwert de Lisabon-Prozess hu mer eis eng ganz Rei Aufgabe ginn, dann ass de Sport vläicht net déi allerieweschte Prioritéit.

Mä wa mer e vernoléisseg, bezuele mer et iergendwann, an dat sinn ech sécher, ganz deier. An ech hoffen, dass dee Stellerwäert, deen ech awer gehofft hat, an nächster Zäit kënnen ze verbesseren, duerch d'Aart a Weis, wéi mer och d'Sportpolitik gestalten, dass dee kéint besser ginn.

Ech hat och gehofft, deen Traité iwwert dee mer glécklecherweis hei zu Lëtzebuerg zumindest eis positiv ausgedréckt hunn, dass mer iwwert dee Wee och de Stellerwäert vum Sport kéinten hiewen. Et ass net ze vergiessen, dass den Artikel 282 do endlech de Sport als eegestänneg Beräich consacréiert, an net als Unhängsel an Annexe vun iergendengem anere Beräich. Vill Leit hunn dat vergiess. Vill Leit hunn net dorunner geduecht.

Letztendlech hänkt et och dovun of, ob een erkläert kritt, dass dee Stellerwäert mëttlerweil och en ekonomesche Stellerwäert huet. Dat ass net nëmme well d'Saache sech professionaliséieren, mä well ronderëm de Sport eng ganz Rei Beruffer entstanen sinn, induzéiert de Sport jo eng ganz Rei Aktivitéiten, déi haut gréisser Ausmoossen hunn. Well ech muss lech soen, ech weess net ob ee Robinson Club oder Club Méditerranée, ob een dat an den Hotelsberäich eriwier muss maachen oder ob een dat net zum Beräich Sportsaktivitéite muss zielen, well dat eent ouni dat anert géing mat Sécherheet net fonctionnéieren.

Dann ee Wuert, Här President, zur Fro: Hätt ee solle méi wäit goen hei an deem Gesetz? Ech hu verstanen, dass den Här Kox gemengt huet, éischters dat Gesetz wier an deem Mooss net esou noutwendeg an zweetens wann, da misst ee vläicht méi incisiv Elementer dran erëmfannen.

Sécherlech schreiwe mer hei haaptsächlech déi Punkte fest um Niveau Autonomie, déi gefrot sinn. Ech hat verstanen, an ech wollt dat net grondleeënd ëmänneren, well et och meng lwwerzeegung ass, dass d'Sportpolitik vu Säite vun der Regierung an och vun den Autoritéiten op lokalem Plang soll komplementar sinn, baséierend op dem Subsidiaritéitsprinzip. Mir hunn ee grouse Partner do, deen och representativ ass, dat ass de COSL, an dee wollte mer och hei iwwert dat Gesetz consacréieren, op déi do Aart a Weis.

An ech ginn lech ee Beispill: Beim leschte Kongress vum Handball war op eemol ze liesen an deenen hirem Rapport, ech hätt gesot, déi missten obligatoresch een Nationaltrainer kréien. Ma ech denken am Dram net drun, hinnen dat ze soen. Dat steet an hirem Rapport. Wat ech awer gesot hunn ass: Wann der gär bénéficiéiert vu Mesures spéciales, an déi Mesures spéciales sinn opgebaut op eng Nationaléquipe, da muss der och eng Nationaléquipe hunn, ergo en Nationaltrainer, deen iwwert d'ganz Joer schafft, an net een, deen nëmme véier Wochen hei an nach eng Kéier zwou Wochen do eppes mécht.

Dat muss een dann esou gesinn an dozou stinn ech. Ech wëll also hinnen net soen, dass se dat musse maachen - dat ass e gutt Beispill fir ze illustréieren -, mä op där anerer Säit soen ech, d'Mesures promotionnelles, déi hänken awer drun, ob dee Cadre A, ob déi Nationaléquipe och funktionsfäeg ass an deementspriedend och organisiert ass. A wann dat a mengen Aen nëmmen ze erreechen ass iwwert den Nationaltrainer, da muss d'Federatioun selwer décidéieren, ob se een Nationaltrainer stellt an ob se dee ganz stellt, an dee Moment kritt si e subsidiéiert wéi

anerer och, zu deem Tarif, deen do virgesinn ass.

Ech hale mech do eraus, ob se et maachen oder net, sou wéi ech mech och erausale mat de Resultater, déi heiansdo dobäi erauskommen. De Sportsminister ass och weiderhin net responsabel fir d'Resultater, déi bei där enger oder anerer Federatioun erauskommen.

Wat d'Gemengen ubelaangt, fir déi ze berouegen, déi vläicht op dee Gedanke géinge kommen, besonnesch haut. Ech muss soen, déi Gemengen, déi déi Aufgaben hunn, et ass hei gefrot ginn: „Jo, wat hutt Der da wëllen?“, ech mengen et war d'Madame Flesch: „Wat wëllt Der da genau domadder maachen?“

(Interruption)

Jo, jo. Ech muss éierlech soen, Madame Flesch, deen do Passus kënnt jo net vu mir. Ech wollt jo net dat Gesetz hei nach grondleeënd ëmänneren. Ech hunn dat Gesetz geholl, esou wéi et ausgeschafft ginn ass vun der Madame Brasseur, well ech dat e gudder Fong fonnt hunn, an ech hat kee Grond fir mech dorunner reiwen ze goen. Ech hu mer näischt drënner virgestallt direkt, mä ech war awer d'accord mat deem wat d'Madame Brasseur an deen Text do erageschriwwen huet.

Ech muss allerdéngs soen, a mir haten déi Diskussioun um Rand mat Momenter, d'Gemengen hunn och eng Aufgab heiranner. Wa mir soen, de Sport ass wuel fräi, mä mir wëssen awer, dass mer et deier bezuelen, wa mer et net fäerdeg bréngen déi sportlech Aktivitéiten, haaptsächlech am Breedessport, oprechtzëerhalen, da soen ech, dann huet de Stat do eng Aufgab, an domat d'Regierung, mä dann huet d'Gemeng awer och eng. Well do kënnen mer net ufänken ze soen, jo wann der gär hätt, dass mer eppes maachen, da musst der eis subsidiéieren dofir.

Do huet eng Gemeng, an do sinn ech awer formell, och eng eegen, ureegen Aufgab fir dofir ze surgen, dass dat do méiglech ass an dass si iwwert dee Wee och d'Gesondheet vun hire Leit am A behält. Well ech hunn lech gesot, dat do bezuele mer eng Kéier ganz deier muer an de Krankekeesen, an dat gesi mer am Moment kommen. Ech kommen nach op déi Etüd zrëck.

An da schlussendlech wollt ech soen, dass et e véierte Beräich gëtt, beispillsweis och fir ze weisen, dass ech net nëmme mech mat Leeschtungssportler ausenaner setzen, a fir och ze weisen, wéi een d'Autonomie léisst an awer kann awierken. Ech hu festgestallt, dass et am Handicapéierteberäich ee Grupp gëtt, dee ganz aktiv ass, gutt funktionéiert; do wäert ech mech och mat Sécherheet net amëschen. Et gëtt een anere Grupp, dee funktionéiert am Moment guer net, sou dass den Handicapéiertensport op deem Beräich flaachläit.

Do geschitt guer näischt. Ech hunn do Initiative geholl. Ech hunn eng Fra, d'Ginette Krings, genannt, déi am Fong geholl mäi Représentant e bëssen an deem Milieu soll sinn. Eng Fra, déi och do eng Kompetenz huet an och do scho bekannt ass. A si soll mer e bëssen hëllefen an Ureegung ginn. A si ass déi Fra, déi ech identifiziéiert hunn, fir déi Ureegung bei mech weiderzerreechen, déi mer kënnen maachen. Ech wäert am September mat Propositionen erauskommen an deem dote Beräich.

Dat weist, wann eng Kéier iergendwou eppes ass, wat ech essenziel a wichteg fannen, dass ech dann agräifen, doduerch dass ech probéieren Initiativen ze huelen. Ech wäert net selwer déi Federatioun als Sportsminister erm eng Kéier op d'Bee bréngen. Mä ech wäert probéieren, dass awer ee sech drëm bekëmmert, dass een aneren dat erm eng Kéier mécht. Sou gesinn ech de Rôle vum Sport. An ech wäert och an de Budget spe-

ziell Kreditter abauen, fir hinnen ënnert d'Äerm ze gräifen, fir eppes unzeleieren, an duerno muss et erëm vum selwe rullen. Sou gesitt Dir op alle Fall, wéi deen aktuelle Sportsminister déi do Aarbecht gesäit.

Well et ass gesot ginn, dass mer besser - normalerweis a Gesetzer, ech mengen ech hunn der genuch erlieft, ech war 15 Joer hei - méi normativ Elementer hätten. Ech mengen den Alex Bodry huet wierklech excellent gewisen, firwat dat nu wierklech hei an dësem Fall schwierig ass.

Madame Flesch, ech ka mer net virstellen, wann dat eent d'Basis ass, Autonomie, komplementar, subsidiaresch, an ech wollt datselwecht och dem Henri Kox soen, dass een da vill normativ Elementer dra mécht.

Well normativ Elementer sinn déi, déi si contraignant. Déi sinn herno déi, déi imposéieren. Wann een dat net wëllt, dann ass d'Konsequenz déi, dass een dat och an deem Mooss net kann abauen.

Mir hunn et agebaut op e puer Plazen, wéi notament wat den Doping an haaptsächlech d'Liwwerung vun Dopingselementer ubelaangt. Jo, do si mer ganz contraignant. Mir waren op een, zwee aner Punkten et och, wou et mengen ech verrietbar ass. Mä ech menge fir méi wäit ze goen, do ännert een total d'Philosophie an der Zesummenaarbecht mat de Sportsverbänn, mat de Sportsautoritéiten, déi et par ailleurs ginn, an dat war u sech net mäin Optrag, deen ech mer ginn hat.

Dat Gesetz ass noutwendeg - fir déi, déi dorunner zweifelen -, well ech soen lech, et ass éischtens net méi zäitgemäss, dat vu '76. Ech kennen et, wéi gesot, gutt; d'Madame Flesch kennt et vläicht nach besser. Mä mir hu just iwwert d'Arméigesetz bis elo eppes gemaach. Fir de Recht hu mer eng Rei Saachen agefouert, déi gutt waren, mä déi net déi Basis hunn, dass d'finanziell Ennerstëtzung och mol kann iwwer ee Gesetz ofgeséichert sinn. D'Héicht ass selbstverständlech net ofgeséichert, mä awer de Prinzip ass domadder emol unerkannt.

Da war ee wichtege Punkt, wann ech richteg verstanen hunn, dee vum Bénévolat, wou den Alex Bodry schonn eng ganz Rei Äntwerte ginn huet, an och den Här Haupt huet gewisen, firwat dass mer am steierleche Beräich nun décemement et net kënne maachen. Ech mengen do sinn nach aner Elementer, déi mat eraspillen, et kann een dat net begrenzt just op een Deel bezéien.

Ech muss lech soen, ech war ëmmer dergéint fir fiskalesch Mesuren ze huelen, fir de Bénévolat ze ënnerstëtzen, well Dir musst wëssen, dass 40% - et sinn der muer vläicht 45 oder 35, mä an der Moyenne 40% - vun de Leit iwwerhaapt keng Steiere bezuelen. Da rechnen ech nach net déi, déi der net vill bezuelen. Wann een net vill Steiere bezilt, kann een och net vill vun Abatte-menter hunn. Also ass dat eng Mesure, déi déi meescht Leit net betrëfft.

Si ass menger Meenung no net gutt, well se nëmmen dann op de Sport bezu wier an aner Associatiounen kéimen direkt hannendrun. An et ass souwisou eng Iwwerbelaschtung vun eisem Steuerrecht. Ech hätt léiwer mir géingen eis aner Saachen afale loossen, an duerfir, Här Jaerling, wollt ech lech soen, dass ech déi Motioun, déi Der hei hutt, mam beschte Wëllen an där Form net unhuele kann, och wann ech vill Saachen hei kann akzeptéieren. Also ech hu kee Problem och, ech wëll net soen, ech géing der Chamber recommandéieren Neen ze soen. Hei si Saachen dran, déi si gutt, mä déi iwwersteigen awer meng Kompetenzen, Här Jaerling.

Wann ech hei gesinn, den associativé Secteur ass legitime Ge-

spréichspartner, da froen ech: Wien ass dat dann, deen associativé Secteur? Wann Dir mer sot, d'Förderung vum Volontariat, dat geet largement iwwer meng Kompetenzen eraus, dat geet an de Sozialberäich, an de kulturelle Beräich.

Wat ech lech also ka virschloen, Här Jaerling, dat ass, dass mer déi Motioun do mat an d'Regierung huelen, well hei sinn awer masseg Dispositiounen, wou de Sportsminister sech net umiesst ze soen, ech huelen un oder ech huelen net un. Wann Dir also domat d'accord sidd, da géing ech einfach froen, ob ech se dierf mat an d'Regierung huelen, well e Congé associatif décidéieren ech jo net haut de Mëtteg hei beim Mikro, och wann ech Loscht hätt dat ze maachen, mä dat ass net a menger Kompetenz. Wann Dir also domat d'accord wiert, géing ech dann an deem Moment se mat...

M. le Président. - Här Minister, erlaabt Der eng Zwëschesfro vum Här Jaerling?

M. Jeannot Krecké, Ministre des Sports. - Selbstverständlech!

M. Aly Jaerling (ADR). - Här Minister, ech wëll lech just drop opmierksam maachen, dass dat do eng Motioun ass, déi d'LSAP, wéi se nach an der Oppositioun war, hei eraginn huet.

(Interruption)

Da misst Der awer och dem Här Bodry säin Avis froen, well et ass nämlech eng Motioun vun him, déi ech just op Lëtzebuergesch iwwersat hunn,...

(Interruptions diverses)

...an ech wollt lech nach eng Kéier d'Méiglechkeet ginn, fir se elo, wou Dir an der Regierung sidd, dann awer hei an d'Realitéit ëmzesetzen.

(Interruptions diverses)

M. le Président. - Här Jaerling, wéi war dann elo Är Fro? Dir hat d'Wuert gefrot, fir eng Fro ze stellen.

M. Jeannot Krecké, Ministre des Sports. - Här President, ech ginn him eng Äntwert op eng Fro, déi en net gestallt huet. Ech soen lech ganz einfach, Dir hutt mech jo héieren, ech ginn net Nee soen, well ech dat hei...

(Interruption)

Ech hu jo net Nee gesot zu deem doten, ech wusst dat do emol net méi. Mäin Erënnerungsverméigen ass net esou grouss, an ech sinn och net esou schlecht un esou eppes ze denken, wéi Dir.

(Interruptions)

Mä ech hu jo gesot, et sinn awer Saachen, déi stinn net am Regierungsprogramm. Sti se net am Regierungsprogramm, da kann ech dat net hei maachen - och wann et engem an der Regierung heiansdo kribbelt fir selwer Décisiounen einfach ze huelen. Duerfir hunn ech lech proposéiert, ech huelen se mat an d'Regierung an dann diskutéiere mer doriwwer.

(Interruption)

Wat de Bénévolat ubelaangt, muss ech lech soen, dat Dokument vum COSL, wat excellent ass, ass ugesprach ginn, mä ech hunn op eenzelne Punkten nach net méi Saachen eraginn. Dat huet zum Deel mat deem ze dinn, wat ech dem Här Jaerling elo gesot hunn. Do sinn aner Gruppéierungen och be-
traff. Mä ech muss lech soen, dat géllt och fir déi Gruppéierungen, déi déi Saache froen. Mä hei am Besonneschen och wat de COSL freet.

Do gi beispillsweis steierlech Avantagë fir Federatiounen a fir Clibb gefrot. Dat hu mer haut schonn! D'Fro ass: Hu mir dat Instrument iwwerhaapt ëmmer gebraucht? Huet d'Keelefederatioun, där Dir virgestanen hutt, huet déi dat Ins-

trument vun de steierlechen Of-schreiwungen an deem Mooss gebraucht? Sot mir dat, Här Jaerling, an da sinn ech domat d'accord fir doriwwer ze schwätzen.

Mir hunn haut eng ganz Rei Hëllefstellungen, déi méiglech sinn an déi haut A.s.b.l.en zoukommen. Déi meescht vun de Federatiounen mussen a sinn och allegueren A.s.b.l.en. D'A.s.b.l.en hunn eng ganz Rei Avantagen, déi se kënnten ausspillen. Ech stelle fest, dass dat an deem Mooss bis elo net geschitt ass. Dat géllt garantiert och fir Är.

Huele mer de Congé-éducation als Beispill, anstatt elo erëm en neie Congé hannendrun ze hänken. Dee Congé-éducation, ass deen esou ausgenutzt ginn, wéi e bis elo ausgenotzt war? Ech woen et ze bezweifelen. Et geet also drëm, besser ze kucken dat ze gebrauchen, wat haut do ass, anstatt vill Neies derbäizemaachen.

Wat d'Versécherungen, wat de Bénévolat ubelaangt, wëll ech der Madame Hetto soen, déi sech do ganz vill Suerge mécht:

Éischtens, dat ass e ganz allgemenge Prinzip. Ech hätt net gär, wa mer géingen d'Leit hei op d'Iddi bréngen, dass se bei allem wat se maachen, och am Loisirsberäich, ofgeséichert si bis un d'Liewens-sinn. Ech muss soen, e bësse muss an deem Land hei nach geschéien, ouni dass een d'Fro stellt vun der Ofsécherung! Well soss si mer vir bái an hanne widder. Also wa mer elo jidderee bis op d'Allerlescht müssen ofsécheren, dat ass einfach e Prinzip, et huet nâischt mam Sport ze dinn, dat ass eppes wat ech perséinlech muss lassginn: Ech fannen, dass mer ze vill a Watt apaken an net méi déi eege Responsabilitéit nach selwer spille loosser.

Mä fir de Rescht, Madame Hetto, versécheren ech lech eent: Meng Mataarbechter sinn amgaangen, d'Diskussioun mat där Assurance ze féieren, an där mir sinn, fir dass sech déi Ausbesserungen a Verbesserungen, déi do virgesi sinn, exakt wäerten applizéieren, fir déi dote Leit wéi fir all déi aner Leit, déi haut schonn ënnert déi Versécherungsbestëmmunge falen. Exakt déiselwecht, do gétt et keng Diskriminatioun, weder positiver nach negativer Natur.

Dir kënnt lech net virstellen, dass mer awer fir déi Leit, déi net lizenziert sinn an nëmmen heiansdo fueren, op eemol eppes ganz aneschtens maache wéi dat, wat mer fir déi Leit, déi Joer an Dag aktiv sinn, maachen. Mir probéiere genau datselwecht fir déi ze maachen, an duerfir ass et och am selwechten Abschnitt wou et ass.

Ee Wuert zum Doping. Beim Doping hunn ech ëmmer gesot - mä och meng Vorgängerin huet dat gesot - Toleranz zéro. Ech fuere mat deem weider wat si engagéiert huet. Do trennt eis iwwerhaapt guer nâischt, wéi an eenzelnen anere Punkte selbstverständlech och net. Mä hei hu mer säit kuerzem eng eegen Agence, an duerfir war et och gutt, dass mer net drageschriwwen hunn, dass et dee Comité sollt sinn, well mir hunn eng Agence misse grënnen opgrond vun eiser Zesummenaarbecht mat der internationaler Agence, déi zu Montréal ass. Mir hu se Alad genannt, et ass d'Agence luxembourgeoise antidopage. Duerfir kënne mer esou eppes net aschreiwen. Mir stinn dozou, dass ee ganz anere Wand am Dopingberäich, am Antidopingberäich - komm, mir maachen et esou - am Moment amgaangen ass opzekommen.

Am Oktober wäerte mer eng Konventioun unhuelen zu Paräis bei der UNESCO, déi da sämtlech

Länner liéiert, déi Konventioun, déi aus der WADA, dat haut déi international Agentur ass, kënnt. Dat Instrument plus de Code, deen Antidopingcode, deen dorunner hânt, mécht och dann d'Applikatioun an alle Länner, wou et also tëschent dem privat organiséierte Sport, där Antidopingagence an de Regierungen zu enger Zesummenaarbecht kënnt an enger mu-tueller Unerkennung vun den Dispositiounen. Dat gétt e risege Fortschrëtt, menger Meenung no.

Den Här Haupt huet sech Suerge gemaach iwwer eng Federatioun haaptsächlech, déi do nach en Aleingang gemaach huet. Ech hunn et net dobäi belooss, dass ech eng Kritik ausgesprach hunn, ech hu se och hei empfangen, hu mer dat ugehéiert, hu fonnt, dass se op engem Punkt Recht haten, op zéng anerer net, hunn hinne proposéiert, déi zéng aner Punkte falen ze loosser, an op deem enge géing ech probéiere mat der WADA ze verhandelen. Ech waarden op d'Resultat.

Op alle Fall huet d'FIFA meng Mediationsproposen ugeholl, déi ech hinne sengerzäit hei gemaach hat, an ech hoffen, dass dat zu engem gudden Enn gefouert gétt. Ech waarden nach op d'Äntwerte souwuel vum Här Rogge wéi och vum Här Pound a kucken an hoffen, wéi gesot, dass domat da Schluss ass.

Ee Wuert zum Här Jaerling senge Kritiken un den Aarbechtskontrakter. Här Jaerling, ech ka mer net virstellen, dass et lech virschwieft, dass elo alles texto am Sport esou ugewannt gétt. Ech hat gemengt, eng Spezifisitéit am Sport kënnt et ginn. Wéinstens eng Rei Saachen. Et gétt een, deen d'Exception sportive schonn eng Kéier als Journalist préconiséiert huet. Ech nennen et Spezifisitéit.

Ech ginn lech e Beispill. Wa mer dat do applizéiere bei den Trainere, déi e Salariésstatut dann hunn, da kréie se emol all Sonndeg wou se op den Terrain gi 70%. Dat ass de Minimum, dee se nämlech méi kréien. D'Feierdeeg kréie se dann 100%! Kënnt Der lech virstellen, dass dat do fonctionnéiert? Dat kann net fonctionnéieren! An all Spiller, deen e Kontrakt huet, géing dann och dodrënner falen, vu dass mer vun déterminé an non déterminé schwätzen. Dat géing op all déi aner...

M. Aly Jaerling (ADR). - An d'Contrats à durée déterminée och, Här Minister.

M. Jeannot Krecké, Ministre des Sports. - Majo! Ech weess...

M. Aly Jaerling (ADR). - Et gétt keng Exceptioun.

M. Jeannot Krecké, Ministre des Sports. - Ech weess dat. Mä ech soen lech, et gétt eng Rei Spezifisitéiten doranner, a wann Der déi net wëllt unerkennen, dann ass dat Äert gutt Recht, mä erkläert awer dann de Federatiounen, wa se owes erausginn, da mussen se jo och extra Zäiten hunn. Ech huelen un, dass dann och an den Aarbechtskontrakt drastoe kënnt, bis wéini dass se ze schaffen hunn. Ech géing awer gär deen Aarbechtskontrakt op där doter Dispositioun gesinn, sou dass ech mengen, dass dat hei schonn eng gutt Regelung ass, dass mer déi eng oder aner Spezifisitéit hei agebaut hunn.

A gleeft mer et, bei der Astellungs-politik, déi relativ restriktiv wäert sinn, wäerte mer eis un den Definitioune vum COSL orientéieren, an et deet mer Leed, do si keng Par-teikaarte gewënscht. Hutt Dir de COSL am Verdacht, dass hie Propositiounen wäert maache mat Par-teikaarten?

M. Aly Jaerling (ADR). - Neen, neen, neen! Ech hunn déi Richteg am Verdacht!

M. Jeannot Krecké, Ministre des Sports. - Jo, jo, jo! Ben, ech hunn e bëssen d'Impressioun, dass Der Är Chancëgläichheetspunkten op deem doten op alle Fall falsch ubruecht hutt.

Ech wëll dann e Wuert zu den In-frastrukture soen. Et ass richteg, mir hunn am Infrastrukturprogramm fir de Vélo eng Pist virge-sinn, déi mer mat engem Partner wäerte maachen. Do sollen och souwuel d'Keele wéi de Pétanque berücksichtegt ginn. Den INS gétt ausgebaut. Dee gétt elo ugefaangen. Lëlz gétt ganz frësch gemaach do uewen, an et gétt och eng nei Maison des Sports erausge-sicht. Ech kann lech awer och soen, dass an nächster Zäit um Niveau vun den Infrastrukturen doud-sécher Aménagement-du-territoires-Aspekter wäerte mat eraspillen.

Ee Wuert dann zu der Madame Flesch hirer Fro, fir de Schoulsport méi viabel ze maachen. Dat, wat ech do wëlles hunn, méi viabel ze maachen, dat ass...

(Interruption)

Wéi?

Une voix. - Vivabel steet do!

M. Jeannot Krecké, Ministre des Sports. - Jo! Ech hat net gesot, ech géing dann einfach der Madame Delvaux virschloen, si soll erëm dräi Stonnen aféieren. Dat wier dat Einfachst, wat ech kënnt maachen. Mir hunn eis zesumme-gesat a mir hunn doriwwer geschwat. An ech soen lech, Dir wäert net elo ongedëlleg ginn, wann ech lech soen, dass am September, Oktober Proposé vu Säite vun der Madame Delvaux, vum Här Di Bartolomeo a vu mir selwer wäerte kommen, déi an eng Rich-tung wäerten zéien. Do wäerte vill ganz flott a ganz vill Neierungen dra sinn, an ech géing lech also just bieten nach vläicht eng Zäit ze waarden. Ech wëll nach eng Rei Diskussiounen ofwaarden.

A wat déi Complicitéit betrëfft, déi Der dann nach eng Kéier ugeschwat hutt: Tëschent eis zwee besteet eng grouss Complicitéit. Ech hoffen, dass zwëschent der Madame Brasseur an hir selwer och eng grouss Complicitéit sengerzäit bestanen huet.

Mme Anne Brasseur (DP). - Ech hat ni e Problem mat mir selwer, Här Minister. Och haut net!

M. Jeannot Krecké, Ministre des Sports. - Ah bon! Ech huelen och un, dass Dir eng grouss Complicitéit mat lech selwer hat. Da vergläiche mer, wat an deem engen an an deem anere Beräich erauskomm ass.

Dir hutt Recht dobäi gehat - ech mengen, et war den Här Kox, deen drop higewisen huet -, dass d'Fro vum Parascolaire ganz wichtege ass. An ech wollt der Madame Delvaux souwisou eppes virschloen.

Madame Delvaux - Dir waart net hei -, hei sinn zwou Motiounen, déi ech awer wollt an d'Kommissioun verweisen, fir dass Dir lech kéint dozou ausdrécken, well ech d'Impressioun hunn, dass se sech éischer un lech riichten an ech net wëll op Är Platebanden trëppelen.

Op alle Fall sinn ech total mat lech d'accord, dass, och wa mer dat Beschta an der Schoul organiséieren, wa mer net d'Bréck fäerdeg bréngen, dass se dann a privat organiséierte Sportarten oder Veräiner herno schaffen - an do kënnt souwuel déi Neigestaltung vun der Schoul wéi och d'LASEL, d'LASEP eng Roll spillen -, ech mengen, dann hu mer versot.

Wéi gesot, dat dote sinn e puer Elementer. Ech kënnt och op d'Rechercheelementer agoen, déi ech, wat de Sport ubelaangt, och hei wëlles hunn eranzebréngen. Ech loosse mer dat awer fir eng aner Kéier a soen lech Merci, dass Der allegueren esou positiv, mat enger Ausnahm, lech ausgedréckt hutt

zu deem Sportsgesetz. Dat Gesetz fannen ech noutwendeg. Et ass fir mech elo mëttlerweil erëm eng Kéier méi wéi zäitgeméiss. Ech mengen och, dass d'Sportswelt gréisser Avantagen dovunner huet, awer net nëmmen d'Leeschtings-sportler, mä d'Leit allegueren.

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix. - Très bien!

M. le Président. - Merci, Här Minister. Da komme mer zur Ofstëmmung iwwert dëse Projet.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi 4766 ass ugeholl mat 58 Jo-Stëmmen an 1 Absten-tioun.

Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koulen, MM. Marcel Glesener (par M. Marco Schank), Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mmes Nelly Stein, Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par M. Roland Schreiner), Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;

MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf (par M. Emile Calmes), Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens (par M. Xavier Bettel), Henri Grethen, Paul Helminger (par Mme Colette Flesch), Claude Meisch (par Mme Anne Brasseur) et Carlo Wagner (par M. Henri Grethen);

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes (par M. Gast Gibéryen), Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

S'est abstenu: M. Aly Jaerling.

Här Jaerling, wëllt Dir Är Absten-tioun begrënnen?

M. Aly Jaerling (ADR). - Ech hunn dat ausreechend gemaach, Här President.

M. le Président. - Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou décidéiert.

Voilà, mir kommen dann zum nächste Punkt vun eisem Ordre du jour.

Pardon, et sinn nach Motiounen do. Fir d'éischt komme mer zur Mo-tioun Nummer 1, déposiert vum Här Henri Kox. Kënne mer par main levée ofstëmmen?

(Interruptions diverses)

M. Henri Kox (DÉI GRÉNG). - Här President, majo den Här Mi-nister huet proposéiert, dass déi zwou Motiounen sollten an d'Kom-missiouen vun der Educatioun kom-men. Ech géif dat dann akzeptéie-ren a mengen, dass mer dann do nach eng Kéier drop zrëckkom-men.

M. le Président. - Bon, da ginn déi zwou Motiounen, déi vum Här Kox déposéiert gi sinn, an d'Educatiounskommissioun verwi-sen.

Vun der Motioun vum Här Jaerling huet den Här Minister gesot, dass hien déi wëllt mat an d'Regierung huelen. Normalerweis verweise mer d'Motiounen an d'Kommissiou-

nen. Mä wa mer dës elo an d'Re-gierung verweisen, dann denken ech, dass een dat ka maachen, mä et misst een awer och wëssen, dass se dann awer eng Kéier erëmkënn.

(Hilarité)

M. Jeannot Krecké, Mi-nistre des Sports. - Här President, Dir kënnt awer verstoen, dass sech hei eng Rei Froe stellen, déi queesch duerch e puer Ministère ginn.

M. le Président. - Här Mini-ster, mir hunn Är Explikatiounen héieren; mir verstinn déi och. Ech froe just den Här Jaerling, ob hien d'accord ass, datt mer déi Motioun hei elo mol un d'Regierung verwei-sen, wann d'Regierung eis ver-spricht, dass se deemnächst eng Kéier erëmkënn.

M. Aly Jaerling (ADR). - Ech mengen, et ass eng ganz nei Pro-zedur. Mir loosse eis mol iwwer-raschen. Mä et ka jo awer da sinn, wann d'Regierung dann hir Décisioun geholl huet, dass mer dann eventuell eng Question avec débat dorausser maachen.

M. le Président. - Très bien. Da si mer eis och do eens. Den Här Minister Krecké mellt eis, wat d'Re-gierung iwwert dës Motioun déli-béréiert huet.

Voilà, da komme mer zum nächste Punkt vun eisem Ordre du jour. Dat ass d'Diskussioun vum Projet 4513, enger Konventioun iwwert den Ëmweltschutz. Bis elo sinn ageschriw-en: den Här Oberweis, den Här Calmes, den Här Gira an den Här Mehlen. D'Wuert huet elo den ho-norabelen Här Rapporteur Negri. Här Negri, Dir hutt d'Wuert.

2. 4513 - Projet de loi portant approbation de la Convention sur l'accès à l'information, la participation du public au processus décisionnel et l'accès à la justice en matière d'environnement, faite à Aarhus (Danemark), le 25 juin 1998

Rapport de la Commission de l'Environnement

M. Roger Negri (LSAP), rap-porteur. - Merci, Här President. Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de 25. Juni 1998 huet Lëtzebuerg zesumme mat 39 Staten déi sou genannten Aarhus-Kon-ventioun ënnerschriwwen, dëst an der Persoun vum deemolegen Ëmweltminister Alex Bodry, dee sech speziell dofir op Aarhus an Däne-mark déplacéiert huet.

(Interruptions)

Dëst Ofkommen geet vun der Iddi aus, datt mir méi Fortschrétt am Ëmweltberäich kréien, wann d'Leit méi staark fir d'Ëmweltproblemer sensibiliséiert sinn a wann alle-guerten d'Bierger d'Méiglechkeet kréien d'Ëmweltpolitik aktiv matze-gestalten. Eng Grondiddi vun der Konventioun ass, dass all Mënsch e Recht drop huet an engem Envi-ronnement ze liewen, an deem hie sech wuel fillt an deen e Bäitrag zu senger Gesondheet leescht. Dat géllt net nëmme fir d'Bierger vun haut, mä och fir déi Generatiounen, déi no eis kommen.

Nohaltegkeet ass ee Begrëff, deen hautdësdays esou oft fir all Méig-leches benotzt gëtt, dass e kaum nach eppes auszesoe schéngt. An dësem Kontext ass en awer genau richtig, well d'Aarhus-Konventioun eng nohalteg Ëmweltpolitik zum Zil huet.

Ëmweltschutz ass kee Luxus. All Mënsch brauch proppert Drénk-waasser, propper Loft, gesond Lie-wensmëttel an e Liewensraum, dee fräi ass vun Ëmweltgëfter. Trotz-deem setzt d'Politik oft aner Priori-téiten a stellt kuerzfristeg Interes-

sen iwwer e konsequenten Ëmwelt-schutz, deen dofir suergt, dass eis Kanner a Kanneskanner genauso selbstverständlech kënnen op vital, natierlech Ressourcen zrëckgräi-fen, wéi mir dat maachen.

De Schutz vun der Ëmwelt geet jiddfereen eppes un, an d'Aarhus-Konventioun gesäit vir, dass alle-guerten d'Bierger an deene Staten, déi se ënnerschriwwen hunn, e reellen Afloss op d'Ëmweltpolitik solle kréien. D'Signatairë sollen do-fir an dräi verschiddene Beräicher aktiv ginn an hire Bierger méi Rechter zougestoen.

Den éischte Volet betrëfft d'Infor-matioun. All Bierger soll en direkten Zougank zu Ëmweltinformatiounen hunn. De Stat huet d'Flicht dësen Accès zur Informatioun net nëm-men ze erméiglechen, mä aktiv ze förderen. Zwar gesäit d'Konven-tioun och Situatioune vir, an deen-nen de Stat d'Recht huet Informa-tioun zrëckzebehalen, dës Fäll sol-len awer d'Ausnahme sinn. D'Re-gel ass, dass de Stat schnell an ou-ni ëmständlech oder deier Proze-duren Ëmweltinformatiounen erausgëtt. Doriwwer eraus ass e gehalen, vu sech aus wichteg In-formatiounen an dësem Beräich ze publizéieren, woubäi dem Internet eng wesentlech Roll zoukënn.

En zweete Volet vun der Aarhus-Konventioun betrëfft d'Participa-tioun. D'Öffentlechkeet muss bei wichtege Décisiounen, déi en Im-pakt op d'Ëmwelt hunn, vun Ufank u mat agebonne ginn. Dat betrëfft ënner anerem d'Genehmegungs-prozeduren. Hei mussen d'Bierger vu vireran informéiert ginn an d'Méiglechkeet kréien aktiv um Ent-scheidungsprozess deelze-huelen. Dat heescht och, dass d'Délaië vun de Prozeduren esou festgesat sinn, dass dës Participa-tioun reell fonctionnéiert an net nëmmen um Pabeier besteet.

D'State verflachte sech iwwert d'Aarhus-Konventioun och hir Bier-ger ze encouragéieren sech ze en-gagéieren, wa politesch Konzepter, nei Gesetzer oder Reglementer ausgeschafft ginn, déi d'Ëmwelt betreffen.

Den drëtten Volet vun der Aarhus-Konventioun betrëfft den Accès zur Justiz. D'Bierger sollen d'Méigle-keet kréie fir nei Rechter, déi aus dësem Accord entstinn, och an-zekloen. Wann deemno eng Ver-waltung sech weigert, d'Informa-tiounen erauszeginn, oder berech-tegt Ufroen einfach ignoréiert, kann deen, deen d'Demande gemaach huet, viru Geriicht goen. Datsel-wecht géllt wann d'Recht op Parti-cipatioun net berücksichtegt gëtt. Op dës Manéier soll séchergestallt ginn, dass déi Rechter, déi um Pa-beier sou schéin ausgesinn, och an d'Realitéit kënnen ëmgestat ginn.

Ausserdeem sollen d'Bierger kë-ne viru Geriicht goen, wa Privatleit oder öffentlech Verwaltungen eppes maachen, wat géint dat bestehend Ëmweltrecht verstéisst.

Här President, Dir gesitt, dass d'Aarhus-Konventioun vill méi ass wéi een Ofkommen iwwert den Ëmweltschutz. Et ass en Accord deen d'Demokratie ënnerstëtzt; d'State verflachten sech am Ëmweltberäich transparent ze handelen an dem Bierger eng méiglechst grouss Participatioun zouzegestoen.

Demokratie, Transparenz, Rechen-schaftspflicht vis-à-vis vun de Bier-ger a politesch Participatioun si Grondwäerter vun deenen d'Eu-ropäeschen Unioun gedroe gëtt. Et ass deemno logesch, dass net nëmmen d'State vun der Europä-escher Unioun, mä och d'EU sel-wer dës Konventioun ënnerschriw-wen huet.

D'EU huet sech verflicht Direktiven auszeschaffen, déi sécherstelle sollen, dass d'Aarhus-Konventioun an all Memberstat ëmgestat gëtt.

Onofhängeg vun der Tatsaach, dass Lëtzebuerg 1998 ënner-schriwwen huet, musse mir d'Grondsätz vun der Konventioun an eis national Gesetzgebung eranuelen, souwéi déi entspre-chend EU-Direktiven a Kraaft trie-den. Et leien haut schonn dräi EU-Direktive vir, déi déi zwee éischt Voletë vun der Aarhus-Konventioun couvéieren. Eng véiert Proposition de directive iwwert den Accès zur Justiz gëtt am Moment diskutéiert.

(M. Laurent Mosar prend la Présidence)

Lëtzebuerg ass eent vun deene leschte Länner, dat d'Aarhus-Kon-ventioun nach net ratifizéiert huet. Just Däitschland, Irland a Griichen-land sinn am selwechte Fall wéi mir, woubäi d'Slowakei als een-zege vun deene 25 Memberstaten d'Aarhus-Konventioun nach net ën-nerschriwwen huet.

Och wat d'Ëmsetze vun den EU-Direktiven ugeet, huet Lëtzebuerg e Retard. D'Direktiv 2003/4/EG, iw-wert den Accès zur Informatioun hätt misse bis de 14. Februar 2005 ëmgestat ginn, d'Frist fir d'Direktiv 2003/35/EG iwwert d'Participatioun vun der Öffentlechkeet un den Décisiounen am Ëmweltberäich ass de 25. Juni 2005 ofgelaf. Am Réckstand si mir och fir d'Direktiv 2001/42/EG ëmzesetzen, déi am Kader vun der Espoo-Konventioun gemaach gouf. Bei dëser Direktiv steet zwar d'Evaluatioun vu Pläng a Programmer am Ëmweltberäich am Mëttelpunkt, mä et geet hei awer och ëm d'Informatioun an d'Participatioun vun de Bierger. Dës Direktiv hätte mir bis den 21. Juni 2004 missen an nationaalt Recht ëmsetzen.

Dat heescht, dass mir eis net end-los Zäit loosse kënnen fir eis national Gesetzgebung ze adaptéieren, och wann dat konkret net ëmmer ganz einfach ass.

Här President, d'Aarhus-Konven-tioun ass wéi gesot de 25. Juni 1998 vum Kolleeg Alex Bodry als Ëmweltminister ënnerschriwwe ginn. De respektive Projet de loi ass de 26. Januar 1999 an der Chamber deponéiert ginn. De Statsrot huet säin Avis de 14. No-vember 2000 erstallt. De 7. Februar 2001 gouf de Kolleeg Emile Calmes als Rapporteur bestëmmt, an den 20. Mäerz 2002 huet d'Ëmweltkommissioun iwwert de Projet de loi debattéiert, ouni dem Dos-sier weider Suiten ze ginn.

An der aktueller Legislaturperiod hu mir als Ëmweltkommissioun d'Aarhus-Konventioun erëm op den Ordre du jour geholl an de 17. Januar 2005 mech als Rapporteur bestëmmt. De 7. Juli 2005 hu mir als Ëmweltkommissioun de Rap-port zu dësem Projet de loi un-anime ugeholl.

Eigentlech war et virgesinn, fir haut zesummen iwwer e weidere Projet de loi ofzestëmmen, deen d'Aar-hus-Konventioun betrëfft. Niewent dem Projet de loi, deen Dir elo hei virleien hutt, ass dat de Projet de loi 5217 iwwert den Accès zur Ëmweltinformatioun, dee jo deen éischte Volet vun der Aarhus-Kon-ventioun betrëfft.

Leider huet sech am leschte Mo-ment nach ee Problem a Relatioun mat bestehende Gesetzer erginn, sou dass mir an der Kommissioun eestëmmeg beschloss hunn, de Rapport an enger nächster Sët-zung vun der Ëmweltkommissioun nach eng Kéier am Detail ze disku-téieren, an net einfach aus sou ge-nanntem falschen Zäitdrock e Pro-jet de loi hei an der Chamber stëm-men ze loosse, dee sech da ganz schnell als net richtig erweise kéint.

Trotzdeem verflachte mir eis déi lescht Detailler, déi de Projet de loi 5217 iwwert den Accès zur Ëmweltinformatioun betreffen, schnell ze regelen an dëse Projet och direkt am Hierscht virun d'Chamber ze bréngen.

Als Ëmweltkommissioun hu mir awer unanime dru festgehalé fir

haut schonn iwwert d' Ratifizéie-rung vun der Aarhus-Konventioun ofzestëmmen. Éischstens, wéi ge-sot, well d'Konventioun schonn zënter dem 30. Oktober 2001 a Kraaft ass a Lëtzebuerg souwisou schonn eent vun deene leschte Länner ass, dat se nach net ratifi-zéiert huet. An zweetens wëlle mir ee kloert Signal setzen, dass mir dës Konventioun eescht huelen an hir Ëmsetzung net wëllen esou laang wéi méiglech erausschie-ben; de politesche Wëlle géif do-zou feelen anerefalls.

Dëst gouf och esou am Koali-tiounsprogramm festgehalen: «Le Gouvernement accordera une prio-rité à la transposition à court terme en droit luxembourgeois de la convention d'Aarhus».

Dëst anzehale wäert net ëmmer ganz einfach sinn. Mir sinn eis an der Kommissioun bewosst, datt et sech net ëm eng vun deene ville politeschen Deklaratiounen han-delt, an deenen iwwer éiergäizeg Ziler geschwat gëtt, wou a Wirk-lechkeet awer hannendrun net vill passéiert. Iwwer eisen Engage-ment an iwwer eis Verflichtungen, déi d'EU agaangen ass, si mir ge-hal an där nächster Zäit Neel mat Käpp ze maachen.

De Statsrot hat schonn a sengem Avis vum 14. November 2000 ën-nerstrach, dass eenzel Verän-nerungen, déi d'Aarhus-Konven-tioun mat sech bréngt, fir Lëtze-buerg carrément revolutionär sinn. Et wäert net domat gedoe sinn, e puer Gesetzer nozebesseren an un d'EU-Recht unzepassen.

Mir wäerten eis ganz Approche am Ëmweltberäich mussen änneren, fir déi Form vu Participatioun kënnen ze erreechen, déi d'Konventioun virgesäit. Well déi Direktiv betrëfft jo net nëmmen Naturparken an Ëmweltprojeten, mä sämtlech Pro-jeten, déi een Impakt op d'Ëmwelt hunn. Dat betrëfft d'Genehme-gungsprozeduren an eis Bebau-ungspläng, wou mir jo an der Lescht gesinn hu wéi schwierig et ka si fir an deem Beräich eng Re-form duerchzezéien. Dat betrëfft awer och den Aménagement du territoire als Ganzst, wou dem Ëmweltschutz muss Rechnung gedroe ginn.

An der Praxis bréngt dat sécher Problemer mat sech. Gefrot ass deemno politesche Courage an e fermet Engagement. Am Numm vu menger Fraktioun wëll ech soen, datt mir bereet sinn dës Erausfuer-derung unzehuelen, well mer der Meenung sinn, dass et derwäert ass fir sech am Kader vun der Aar-hus-Konventioun ze engagéieren.

Ënner Ëmstänn wäert et eng Zäit daueren, bis sämtlech Aspekter vun der Aarhus-Konventioun zu Lëtzebuerg zum Droe kommen. Mä wann et eng Kéier esou wäit ass, wäert Lëtzebuerg e Fortschrétt ge-maach hunn; ee Fortschrétt am Sënn vu méi Demokratie, méi Transparenz a méi direkter Parti-ci-patioun vun de Bierger. A virun al-lem e Fortschrétt fir den Ëmwelt-schutz, deen ëmmer méi u Bedei-tung gewënnt, wann een un d'Entwécklung vun eiser Gesell-schaft denkt a sech Gedanken iww-ert d'Liewensqualitéit vun deene Generatioune mécht, déi no eis kommen.

Här President, am Numm vu men-ger Fraktioun wëll ech domat den Accord fir d' Ratifizéierung vun der Aarhus-Konventioun ginn.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolau-schteren.

Plusieurs voix. - Très bien.

M. le Président. - Ech soen dem Här Negri Merci. Als éischte Riedner ass den Här Marcel Ober-weis agedroen. Här Oberweis, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

M. Marcel Oberweis (CSV). - Här President, Madame Mi-nistesche, Här Minister, Dir Dammen an Dir Hären, am Ufank, wéi ëm-